



**PROJET
PLAN D'ÉTUDES
2025**



KONSULTATIUNSPHAS

Bildungsberäich

COLAB-WORKSHOP 2

'Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul'

15. a 17. Mäerz 2022 – Online via Teams & EduPôle zu Walfer



SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum

Division SCRIPT



Impressum

© Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Luxembourg

Auteur: SCRIPT – Division du développement du curriculum

Contact: curriculum@script.lu
www.curriculum.lu / www.script.lu

ISBN 978-99959-1-486-8

Editionn Januar 2023



Inhaltsverzeechnes

1.	Virwuert	4
2.	Steckbréif vum CoLab-Workshop “Méisproochegkeet”	5
3.	Introduktioun an de CoLab-Workshop	7
	3.1 Theematesch Aleedung.....	7
	3.2 Atelieren.....	16
4.	Zesummeffaassung vun de Diskussiounen	17
	4.1 Beweggrënn fir um CoLab zu der Méisproochegkeet an de Schoulen deelzehuelen.....	17
	4.2 Beschreiwung vun der Méisproochegkeet als Realitéit an eise Schoulen.....	20
	4.2.1 Wéi d’Méisproochegkeet momentan an de Schoulen ausgesäit.....	21
	4.3 Méisproochegkeet ass souwuel een Atout als och eng Barrière fir d’Kanner.....	23
	4.3.1 D’Méisproochegkeet als Atout fir d’Kanner.....	24
	4.3.2 Fir vill Kanner sinn d’Sproochen eng Barrière an der Schoul.....	24
	4.4 D’Méisproochegkeet als Challenge fir d’Schoul.....	26
	4.5 Erklärungen vun de Participanten zu den Ursachen vu verschiddene Problematiken.....	31
	4.6 Allgemeng Wësch vun de Participanten a konkret Léisungsusätz.....	34
5.	Ausbléck a Kontakt	49

1. Virwuert

Dëse Rapport faasst den Input zesummen, deen am zweete CoLab¹-Workshop mam Bildungsberäich zum Thema 'Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul' zesummekomm ass. De 15. a 17. Mäerz 2022 huet d'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT zesumme mat ronn 135 Acteuren aus dem Bildungsberäich eemol um EduPôle zu Walfer an eemol online iwwert d'Thema 'Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul' diskutéiert. No der Virstellung vun e puer Modalitéiten a Statistiken am Kapitel 2 an 3 geet et a Kapitel 4 ëm de konkreten Inhalt vum CoLab-Workshop. Den Inhalt vun dësem an anere Rapporten stellt eng Basis duer, op där weiderféierend Diskussiounen ronderëm den neie Plan d'études 2025 solle gefouert ginn. Wann Dir u generellen Informatiounen iwwert de gesamte Projet 'Plan d'études 2025' a säin Ursprung interesséiert sidd, konsultéiert wgl. eisen Internetsite www.curriculum.lu.

Mir wënschen lech eng gutt Lecture!

D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

1 CoLab ass ofgeleet vun 'collaborative laboratories'. Dëst si partizipativ Atelierer, déi vum SCRIPT ronderëm Ufroen, Virschléi a Projete mat Enseignanten, nationalen an internationalen Experten a Leit, déi vum Projet betraff sinn, duerchgefëert ginn. (<https://curriculum.lu/colab>).

2. Steckbréif vum CoLab-Workshop „Méisproochegkeet“

Wéini a Wou?

- 15. Mäerz 2022 online iwwer Teams
- 17. Mäerz 2022 am Presentiel um EduPôle zu Walfer

Wéi vill?

- 29 Plazen am Presentiel (bei 35 Umeldungen)
- 113 Plazen online (bei 160 Umeldungen)


Wien?

- Participanten: All d'Léierpersonal an d'edukatiivt a psychosoziaalt Personal aus der Grondschoul an de Kompetenzzentren, d'Enseignanten aus dem Secondaire a weider Acteuren (IFEN, MENJE, Regionaldirektiounen etc.)
- Moderatioun: D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Format?

- CoLab-Workshop mat 4 Atelieren:
 - > Atelier A: Sproochbildung
 - > Atelier B: Alphabetiséierung, Sproochendidaktik a Méisproochegkeet
 - > Atelier C: Spannungsfeld tëschent der institutioneller, gesellschaftlecher an individueller Méisproochegkeet
 - > Atelier D: Bildungssproochen entwéckelen

DE PROFIL VUN DE PARTICIPANTEN



D'MOTIVATIOUN VUN DE PARTICIPANTEN

Am Ufank vum CoLab-Workshop goufen d'Participantë gefrot, firwat si bei dësem CoLab-Workshop matmaachen. Heifir gouf iwwer den Online-Portal Mentimeter (www.mentimeter.com) eng Ëmfro lancéiert. Folgend Motivatioune si genannt ginn:



Mentimeter vum 15. März 2022 (Online-CoLab mat 113 Leit)



Mentimeter vum 17. März 2022 (CoLab am Presentiel mat 29 Leit)

3. Introduktioun an de CoLab-Workshop

An dësem Kapitel kënt Dir déi theematesch Aleedung noliesen, déi während dem CoLab-Workshop vu Säite vum **SCRIPT** gemaach ginn ass. Am **Kapitel 4** (S. 17) geet et weider mat den éischten Aussoen, déi d'Participanten an den Ateliers zum Thema 'Méisproochegkeet' bäigesteiert hunn.

3.1 Theematesch Aleedung

Fir d'Thema vun dësem CoLab ze ëmräissen, gi mer gedanklech ganz bewusst virun der Schoul am Schoulhaff fort. Hei si mer nach net am Kllassesall, wou déi dräi offiziell Schoulsprooche vum Fundamental (Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch) als Sproochsystemer enseignéiert ginn. Hei am Schoulhaff kënt déi multikulturell a multilingual Gesellschaft, déi Lëtzebuerg ausmécht, all Dag am Kléngformat zesummen. Am Fundamental sinn dat iwwer 130 verschidden Nationalitéiten (vgl. EDUSTAT/MEN 2021: 13).

Déi aktuell Situatioun an Zuelen

Ronn 54% vun de Kanner hunn déi lëtzebuergesch Nationalitéit a 46%, also net wäit vun der Halschent, hunn eng aner (ebd.). D'Familljesproochen, déi doheem geschwat ginn, sinn net ëmmer deckungsgläich mat der Nationalitéit. Sou schwätzen ronn 40% vun deene Kanner, déi déi lëtzebuergesch Nationalitéit hunn, nawell net oder net haaptsächlech Lëtzebuergesch doheem (vgl. ebd.: 28).

De Prozentsaz vun deene Kanner, bei deene Lëtzebuergesch doheem an der Famill nach dominéiert, läit an dësem Schouljoer bei engem Drëttel a geet vu Joer zu Joer tendenziell erof. Ronn 10% schwätze Lëtzebuergesch als Zweetsprooch doheem, bei ronn engem Prozent kurséiert se als drëtt Sprooch an der Famill (vgl. EDUSTAT/MEN 2021/2022). Bei de Kanner mat auslänneschem Pass dominéiere bei de Familljesprooche Portugisesch mat ronn 40%, viru Franséisch mat knapp 20%, Arabesch, Englesch an Italienesch mat ronn 4% (vgl. EDUSTAT/MEN 2021: 16). Däitsch kënt u sechster Plaz mat knapp 3% (vgl. ebd.). Global gekuckt schwätzt ronn d'Halschent vun de Kanner am Fundamental keng vun den dräi offizielle Landessproochen als Éischtsprooch doheem (vgl. Muller et al. 2018: 35).

De Gebrauch vun de Sproochen

Vill Kanner hu méi wéi eng Familljesprooch; sou gëllt bal all drëtt Kand als mindestens bilingue, wann et an de Cycle 1 kënt (vgl. EDUSTAT/MEN 2021: 28). Déi Kanner schwätzen dann an der Reegel mat deem engen Elterendeel déi eng Sprooch a mat deem aneren eng aner. Si stelle fréi fest: Verschidde Sprooche ginn a verschiddene Kontexter geschwat, persounenofhängeg ginn anerer benotzt. Sou bilde si vun Ufank un ee Sproochhandlungswëssen a passend Strategien aus.

D'Bild, wat sech eis am Schoulhaff presentéiert, ass an all öffentlecher Schoul zu Lëtzebuerg en änlecht. Wann een de Kanner nolauschtert, mierkt een, wéi se am Austausch matenee vill Lëtzebuergesch benotzen. D'Lëtzebuergesch hutt an der öffentlecher Schoul de Stellwäert vun der Integratiounssprooch (vgl. Scheer 2017: 101). Et ass fir vill Kanner eng Sprooch, där si sech no fillen,

déi positiv besat ass, an an där si och schoulesch gesi keng sou aschneidend Sanktiounserfarunge maachen. D’Kanner benotzen och weider Sproochen, déi sech an hirem Repertoire befannen. Si wiesselen am Haff fréi tëscht verschiddene Sproochsystemer hin an hir (Code-switching), eenzel Wieder ginn aus deem engen an deem anere grad dominante System importéiert an do ugepasst – a wann et mol séier goe muss, ginn d’Sproochen och einfach gemëscht (Code-mixing). D’Schoul schaaft hei eng Grondlag, déi ausserhalb vun de schoulesche Wäertmoossstief z.B. am Schoulhaff oder iwwe d’Schoulgrenzen eraus scho fréi als Méisproochegkeet genotzt a gelieft gëtt: Lassgéléist a fern vun Diskussiounen iwwe d’grammatesch Korrektheet vun engem Saz, fréi vu Wëssen iwwe de Kapitalwäert vun Däitsch, Franséisch an anere Sproochen, fir an der Schoul an duerno am Liewen weiderzekommen, ass dës am Haff geliefte Méisproochegkeet a Liichtegkeet vun de Kanner eppes Schéines. Et ass engersäits Ausdrock vun hirer méisproocheger (medial) mëndlecher Kompetenz an anerersäits geet et iwwe de rengen Gebrauch vun engem oder méi Sproochsystemer eraus, a beinhalt déi ganz soziolinguistesche Kompetenz bzw. d’méisproochegt Bewosstsäin vun de Kanner.

Geschichtlech Entwécklungen

Ma maache mir elo d’Dier op a ginn dann bis an d’Schoul era kucken! Méisproochegkeet war schon ëmmer eng Realitéit an eiser Schoul. Lëtzebuerg war iwwe Jorhonnerten de Spillball vu groussen Herrschaften, déi mol méi de germaneschen, mol méi de romanesche Sproochafloss pousséiert hunn an dat ass ëmmer och duerch de Sproochenunterrecht an där enger oder anerer Sprooch iwwe d’Schoul geschitt (vgl. Scheer 2017: 15-20). 1839 ass Lëtzebuerg mam Londoner Vertrag zu engem vollstänneg onofhängege Nationalstaat ginn an huet seng primär franséischsproocheg Gebidder un d’Belsch verluer (vgl. ebd.). Et gëtt ab do keng territorialgebonne Méisproochegkeet méi, wéi z.B. haut an der Schwäiz. Et gouf sproochlech gesinn an dem deemolege Lëtzebuerg éischter eng Zweeklassengesellschaft: Déi einfach ländlech Bevëlkerung huet Däitsch bzw. hiren däitschen Dialekt geschwat, deem se, ouni sech Gedanken ze man, als ‚lëtzebuergesche Däitsch‘ bezeechent hunn (vgl. ebd.). D’franséisch Sprooch ass déi dominant Verwaltungssprooch an d’Sprooch vun der Obregkeet bliwwen. Bis haut huet si dowéinst och den Image vun der Eliten- a Prestigesprooch am Land. Fir ee Broch tëscht den einfache däitschsproochegen Schichten an der frankophonen Elitt ze verhënneren an den Accès an de frankophone Kultur- a Wirtschaftsraum oprecht ze erhalen, an sech vum preiseschen Noper ofzegrenzen, gouf vun de Lëtzebuergeschen och no 1839 verlaangt, an der Grondschoul Franséisch ze léieren (vgl. ebd.). D’Land huet eng gesellschaftlech an national Méisproochegkeet entwéckelt, déi no bestëmmte Regele funktionéiert huet an haut nach funktionéiert.

Am éischte Schoulgesetz vun 1843 gouf also d’Erléiere vun der franséischer Sprooch am Curriculum festgeschriwwen (vgl. ebd.). Dëse sproochpoliteschen Agrëff hat dauerhaft an entscheidend Auswirkungen op d’wirtschaftlech a politesch Entwécklung vum Land an och op d’nationaalt Selbstverständnis. Et gouf – wéi et bis mat Aschränkungen bis haut ass – op Däitsch alphabetiséiert, well d’Bevëlkerung däitschsproocheg war an och net dodru geduecht hätt, dësen däitschen Dialekt als eegestänneg Sprooch unzegesinn. Haut huet sech de Status vun deem deemolege lëtzebuergeschen Däitsch komplett verännert, haut gëllt d’Lëtzebuergesch Sprooch linguistesche gesinn als Ausbausprooch, als um Wee zur Standardsprooch. D’Lëtzebuergesch ass am Bewosstsäin vu senger Spriecher an deenen, déi d’Sprooch léieren, eng eegestännesch Sprooch.

Reformen, déi de Sproochcurriculum vun der Schoul betreffen, gi bis haut zolitt an der Ëffentlechkeet diskutéiert an hunn och Auswierkungen op d'Bedeutung vun an d'Ästellungen zu den eenzelnen Sproochen, déi insgesamt am Land kurséieren (vgl. Hu et al. 2015: 63).

Am Sproochegesetz vum 24. Februar 1984 gouf festgehalen, dass Lëtzebuerg en dräisproocheg d'Land ass an wéi eng Funktiounen déi 3 Sproochen vum Land anhuelen. Lëtzebuergesch ass d'Nationalsprooch. Am Artikel II vum Gesetz gouf déi franséisch Sprooch zur Sprooch vun der Legislatioun erkläert. An Artikel III gëtt vermerkt, dass Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch (an där Reihenfolg) als Sproochen vun der Administratioun an als Geriichtssproochen zougeloozt sinn (vgl. Journal 1984). D'institutionaliséiert Dräisproochegkeet vum Land ass haut net méi deckungsgläich mat der Méisproochegkeet, déi tatsächlech an der Gesellschaft besteet a kurséiert.

Kucke mer kuerz iwwer d'Grenzen eraus, dann ass Méisproochegkeet och global gesinn an der Welt den Normalfall, Eesproochegkeet éischer d'Ausnam. Och d'europäesch Unioun ass bestreift, fir d'Méisproochegkeet an de Memberstaaten ze fördern, fir Verständnissgrenzen tëscht de Bierger ofzebauen, den Zougang zum Meenungspluralismus ze garantéieren an eng méisproocheg Wirtschaft ze pousséieren, well se den Austausch vu Gidder an Déngschtleschtungen vereinfacht. D'Zil vun der Sproochepolitik vun der EU ass et, dass all EU-Bierger mindestens zwou Friemsproochen soll erléieren a scho ganz fréi als Kand Friemsproochenunterrecht soll kréien (European Commission 2022).

Och an der Groussregioun hunn d'Nopeschgemengen d'integratiivt Potenzial vu Sproochekenntnisser fir d'Regioun erkannt an de Kapitalwäert vu bestëmmte Sproochekenntnisser fir Zougang op de Lëtzebuergeschen Aarbechtsmarché ze kréien. Net iwwerall ass awer déi traditionell Dräisproochegkeet gefrot, den Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg weist eng méifach Segmentéierung op.

Déi institutionaliséiert Dräisproochegkeet vum Land an d'Hierarchie vun de Sproochen gëtt bis haut iwwer d'Schoul reproduzéiert a stabil gehalen (Scheer 2017: 73). Martin, Ugen a Fischbach soen an engem Bäitrag vun 2015, dass et ee Schoulssystem ass fir eng Schülerpopulatioun vu gëschter (2015: 89). D'Schülerpopulatioun bréngt haut Familljesproochen mat an d'Schoul, déi net onbedéngt do, mee um privaten an um internationalen Aarbechtsmarché Kapitalwäert kréien (Fehlen 2012, 2001).

Säit den Ufäng vun der dauerhafter portugisescher Immigratioun gëtt de Sproochepensum vun der lëtzebuenger Schoul als net machbar fir de Gros vun de Kanner mat Migratiounshannergrond ugesinn (Scheer 2017: 84). Säit den éischte PISA-Resultater am Joer 2001 gëllt dee Virwurf och a Bezuch op d'Bildungschancen vu Kanner aus sozial schwache Familljekontexter. De System gëllt als ongerecht, als bewusst selektiv a schichtereproduzéierend.

Am Confinement gouf nach emol däitlech, dass vill Kanner ausserhalb vum Klasesall op keng Hëllef kënnen zrëckgräifen, fir duerch dësen ambitiöse sproochlastege System ze kommen, deen sech op hir Leeschtung an alle Fächer auswierkt, an d'Schéier goug nach eng Kéier e Stéck méi grouss op. D'Erléiere vu Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch huele 40% vun der gesamter Unterrichtszeit am Fondamental an Usproch (Scheer 2017: 73). Iwwer den Ertrag vun dësem Opwand an eng zukünfteg Ausriichtung, vläicht Verännerung, vum Sproochenunterrecht am Fondamental wëlle mer haut eng Diskussioun féieren.

De Cycle 1 gëtt bis haut émgangssproochlech nach ëmmer d''Spillschoul' genannt. D'Aufgaben, déi de Cycle 1 ze erfëllen huet, ginn awer wäit iwwer Mole, Bastelen a Spillen eraus. Zu den Haaptaufga-

be gehéiert et, bei alle Kanner d'Éischt- oder Zweet-, heiansdo och d'Drëttsprooch Lëtzebuergesch ze festegen an domat eng Grondlag ze schafen, déi de weidere schouleschen Erfolleg entscheidend matbestëmmt.

Duerch d'Erléiere vun enger gemeinsamer Ausgangsprooch sollen d'Kanner zu enger Sprooch- an Schoulgemeinschaft zesummewuessen. Sou gouf de Précoce 1998/1999 agefouert, fir eng sproochlech heterogen Schoulgemeinschaft fréizäiteg zesammenzeféieren. Den Tréierer Linguist Peter Kühn huet 2008 konstatéiert, dass der "Éducation préscolaire eng besonnesch sproochepolitesch Verantwortung zoukënnt an se eng besonnesch sproochcurricular Bedeitung anhëlt", fir dat sproochlecht Startkapital ze schafen (Kühn 2008: 16).

Zousätzlech zur Aufgab, alle Kanner Notiounen am Lëtzebuergesche bäizebréngen, ass mat der Rentrée 2017/2018 d'Initiativoun am Franséischen offiziell bei d'Missioun vum Cycle 1 derbäikomm. Franséisch soll op eng natierlech an ongezwonge Manéier an den Alldag vun alle Kanner integréiert ginn. Dräi Aktivitéite si pro Woch virgesinn. Donieft sollen och d'Familljesprooch vum de Kanner valoriséiert ginn. D'Kanner ginn encouragéiert, hir Familljesprooch mat anzebréngen a Verbindungen tëscht Sproochsystemer ze maachen. Franséisch ass a ville Crèchen präsent oder dominéiert.

Sproochentwécklung

De Bildungssystem kënnt mat dësem plurilinguistesche Konzept enger Realitéit no. Statistesch gesi benotzen d'Awunner vum Grand-Duché méi wéi zwou Sproochen am Dag (MEN 2018a: 34). Statistiken no ass Franséisch déi am meeschte geschwate Sprooch zu Lëtzebuerg (Fehlen 2013: 63). Dat bedeit, dass et scho laang net méi just eng Elittsprooch a Bildungssprooch ass. D'franséisch Sprooch ass och d'lingua franca, d.h. d'Hauptverkéierssprooch an der Gesellschaft. Dëst ass bedéngt duerch den héije Migratiounstaux (47,2%) an d'Sproochhannergrënn vun de Migranten (maj. Portugisen, da Fransousen, Italiener, Belsch). Dobäi kënnt och nach de Sproochhannergrond vun den 197.200 Grenzgänger, déi all Dag an d'Land kommen (Statec 2021: 15). Och si komme majoritär aus Frankräich a wielen déi franséisch Sprooch, fir sech zu Lëtzebuerg ze verstännegen. Am Finanzsecteur an am Wëssensberäich ass nieft dem Franséischen och d'Englescht eng wichteg Kommunikatiounssprooch.

Iwwer 72% vun de Leit, déi schaffen, sinn Net-Lëtzebuenger (vgl. Krettels/Schram 2019: 4). D'Franséisch ass demno eng geliefte Sprooch mat ville verschiddenen Ausprägungen am Land. D'Virkommen vum Franséischen an der Gesellschaft kann d'Motivatioun bei de Kanner steigern fir d'Sprooch ze léieren – awer och op där anerer Säit aus verschiddene Grënn Ofwierreaktiounen provozéieren. Och d'Ästellungen, déi Persounen iwwer d'Sproochen vermëttelen, déi dem Kand nostinn, prägen d'Ästellungen zu Sprooch a Sproochéléieren vum Kand. Schonn am fréien Alter ass ee Kand sech bewusst, wéi ee Wäert enger Sprooch bäigemoos gëtt (MEN 2018b: 28).

An eisem Kontext ass och wichteg ze froen, a wéi wäit d'Familljesproochen, déi d'Kanner matbréngen, altersgerecht entwéckelt sinn a wéi d'sproochlech Bildung am familiären Ëmfeld ass. Et muss een sech doriwwer eraus bewusst sinn, dass net all Kand d'Standardform vu senger jeeweileger Sprooch doheem schwätzt, mee et oft mat standardferne Variétéiten an Dialekter grouss gëtt. Op dësem onstabile Gerüst weider Sproochen opzebauen, fällt schwéier. De Logopediezenter organiséiert all Schouljoer ee landeswäiten Dépistage am Cycle 1 fir auditiv a sproochlech Stéierunge

fréi feststellen. Do goufen an dësem Schouljoer 2.900 Schüler wéinst Sproochproblemer ‚opgeschriwwen‘ (vu liichte bis méi schwéiere Sproochentwécklungsstéierungen) an duerno ugeschriwwen, fir e ‚Premier bilan logopédique‘ a Präsenz vun den Elteren opzestellen. Dat si +/- 20% vun der Gesamtziel vun de Kanner aus der Spillschoul. 6-8% vun der Gesamtschülerpopulatioun hunn eng emfaassend Stéierung an der Sproochentwécklung. 1-2% vun de Kanner weisen schwéier Stéierungen an der Sproochentwécklung op. Dës Kanner sinn dann net seelen op eng ënnerstëtzte Kommunikatioun (z.B. iPad etc.) ugewisen. Am Centre de Logopédie léieren d’Kanner mat enger schwéierer Hörbeeinträchtigung och d’Gebäerdesprooch, dëst nodeems déi däitsch Gebäerdesprooch 2018 als offiziell Gebäerdesprooch zu Lëtzebuerg unerkannt gouf.

Dem Bildungsbericht vun 2018 no ass d’Bilanz vum Cycle 1 ganz gutt. Sou erreche 95% vun de Kanner den Niveau Socle vum Cycle 1 an den dräi Kärkompetenzberäicher (Lëtzebuergesch-Hörverstehen, Virleeferefähegkeeten an der Schrëftsprouch a Mathematik) a 60% sinn um Niveau Avancé. (Hoffmann et al. 2018: 84/85). Ech wëll hei d’Aussoen zum Cycle 1 relativéieren mat enger Ausso vun enger Léierin aus dem Cycle 1, aus enger Gemeng mat staarkem Zouwandererundeel:

*„Es ist mühsam. Ich habe jedes Jahr um die 20 Schüler; bis da jeder bei einer Sprachübung einmal dran kommt, vergeht unheimlich viel Zeit. Es ist schwierig, kleine Kinder in großen Gruppen angemessen in der Sprache zu fördern. Wir fangen an mit dem Schulvokabular, nehmen nach und nach die alltagsrelevanten und saisonbedingten Themen durch (Mensch, Natur, Weihnachten usw.). Einmal in der Woche bieten wir zusätzlich in der Mittagspause Nachhilfe an. Da mache ich dann Sprachübungen mit ihnen. Wenn du aber mit 4-Jährigen in der Mittagsstunde eine halbe Stunde länger arbeitest, darfst du dich nicht wundern, wenn sie um 15.00 Uhr todmüde sind und der Kopf einfach nicht mehr will. Ich sage es mal so: Am Ende des Grundschulzyklus 1 verstehen sie Luxemburgisch. Jedes Kind hat einen Grundwortschatz in der Sprache; das bedeutet, dass es die gängigen Vokabeln kennt. Vokabeln sind aber noch keine Sätze. Die Sätze, die sie im Luxemburgischen bilden können, sind sehr einfach strukturiert.“
(Scheer 2017: 107)*

CYCLE 2

2005 hutt en Expertegrupp vum Europarat am Opdrag vum Éducatiounsministère de Schoulsystem zu Lëtzebuerg ënnersicht a koum e. a. zum Schluss, dass dësen de Wäert vun de Familljesproochen, déi d’Schüler mat an d’Schoul bréngen, net genuch notzt. D’Sproochrepertoire vun de Schüler géifen net genuch opgewäert an opgegraff an esou a Sproochwëssen ëmgewandelt ginn. D’Auteuren hu gefrot, ob et Sënn mécht, ze erwaarden, dass all d’Schüler all d’Sproochen a gläichem Ausmooss perfekt beherrsche müssen? (vgl. Goullier et al. 2006: v., vi, 18-20).

Duerno gouf d’Aart a Weis, wéi de Ministère iwwer Méisproochegkeet an der Schoul kommunizéiert huet zumindest theoretesch verännert. Anstatt vun der ‘Dräisproochegkeet’ gouf vu lo u verstärkt vu ‘Méisproochegkeet’ geschwat an dovun, dass all Sprooch als e Méiwäert unzegesinn ass.

2008 gouf mat de Bildungsstandards fir d’Sproochen d’Méisproochegkeet zum Unterrichtsprinzip erkläert an och bei der Reform vum Fundamental 2009 gouf duerch d’Kompetenzorientéierung

den Akzent méi op Differenzéierung a Flexibilitéit am Sproochenunterricht geluecht. Mee curricular schléit sech dat net wierklech nidder: Méisproochegkeet bleift do Dräisproochegkeet.

D'Franséisch krut also 2017 eng nei Plaz an der Schoul. D'plurilinguistescht Konzept vum Ministère huet Auswierkungen bis an d'nonformal Bildung an d'Crèchen, - och am Cycle 2 gouf d'Méiglechkeet geschaf, fir den Éveil am Franséische vum Cycle 1 direkt weiderzeféieren. Et koumen nei Bicher fir de Franséischunterricht mat enger neier Didaktik, déi den Akzent op d'Ausbildung vun der Mëndlechkeet ('production et compréhension de l'oral') leeën. Franséisch soll als funktional Kommunikatiounssprooch geléiert ginn an am Cycle 2 och iwwer d'Fächergrenzen eraus mat afléissen. Virun der Reform vun 2017 goufen d'Verbindungen tëscht der Schoulsprooch Franséisch an der Gesellschaftssprooch Franséisch ëmmer méi gekappt a bloufe wäitestgehend onthematiséiert.

D'Erugoensweis un d'Däitsch hutt sech bis haut net geännert.

Um Enn vum Cycle 1 soll déi Lëtzebuergesch Sprooch sou wäit gefestegt sinn, dass no der Summervakanz kann op Däitsch alphabetiséiert ginn, den Iwwergang vu Lëtzebuergesch op Däitsch soll quasi automatesch beim Kand geschéien. Wann d'Kanner am zweete Cycle Däitsch léieren, sollen si an der Regel op hiert allgemengt Sproochwëssen zréckgräife, dat si bis dohin opgebaut hunn, fir elo déi däitsch Sprooch ze erléieren (MEN 2018c: 33).

Däitsch

Fir Kanner mat Familljesprooch Lëtzebuergesch ass eng Alphabetiséierung op Däitsch bis op déi classesch Interferenzfeeler kee Problem: Mir hunn hei zwou enk verwandte Sproochen, ee Grundwortschatz, deen oft schonn do ass an ee passivt Verständnis vun der däitscher Sprooch an eng intuitiv Grammatik, déi dacks iwwer den ongesteierten Erwerb iwwer d'Medien schonn do sinn. Bei dëser Sproochgrupp ass am Ufank vum Cycle 2 normalerweis eng integrativ Motivatioun do, fir dës Sprooch weider auszubilden an eng Sympathie fir d'Kultur vun der Zilsprooch, si gesinn Däitsch net als eng friem Sprooch un.

Mee wéivill Kanner sinn nach an deem Fall? E Bléck zeréck op d'Statistiken: Ronn 40% vun de Kanner schwätzen Lëtzebuergesch, Däitsch oder eng aner germanesch Sprooch als Éischtsprooch doheim (EDUSTAT/MEN 2021/2022). Et kann een dervun ausgoen, dass een Deel vun de Kanner mat enger slawescher Ausgangssprooch, wéi z. B. Serbokroatesch, villäicht méi een einfachen Zougang zum Däitschen huet an d'Elteren éischer Däitsch als Integratiounssprooch wielen. Et gëtt méi sou Sproochhannergrënn, wou sécher Beréierungspunkten do sinn. Mee et ass eebe seelen d'Éischtsprooch vun de Kanner an där d'Alphabetiséierung stattfënnt, sou wéi och Franséisch net d'Éischtsprooch ass fir portugisesch Kanner – och wann se oft Facilitéiten hunn.

Fir vill Kanner bleift déi däitsch Sprooch op laang Zäit eng friem Sprooch, déi op d'Schoul begrenzt stattfënnt an déi ausserhalb vun der Schoul net als geschwaten a geliefte Sprooch vun hinne wouergeholl gëtt. E Groussdeel léiert déi däitsch Sprooch net an enger ausserschoulescher Erwerbssituatioun, mee ausschlieëlech gesteiert an der Schoul. Déi däitsch Sprooch erfëllt zu Lëtzebuerg virun allem rezeptiv Funktiounen, ass virun allem Medien- a Schoulsprooch an als Unterrichtssprooch ass se éischer konzeptionell-schrëftlech.

Déi Diskussioun, déi iwwer d’Fach Franséisch am Fondamental an och am Secondaire zanter 2016 stattfonnt huet, an nach wie vor stattfënnt, ass am Däitschen net gefouert ginn. Et kann ee sech d’Fro stellen, ob Däitsch momentan een Éischtsproochen-, Zweetsproochen- oder Friemsproochenunterricht ass? Fir d’Didaktik sollt déi Fro behandelt ginn. Un déi Fro sollt sech dann och eng Diskussioun iwwer d’Flexibilitét vum gesamten System uschléissen, fir iwwer kloer an transparent Erwerbsapprochen ze schwätzen.²

D’Auteure Berg a Weis schreiwen 2005, dass d’Däitsch no engem Paradigméwiessel Enn de 70er Joren am Fondamental als Zweetsprooch ënnerriicht géif, wat awer nëmmen an Usätz richteg ass. Eigentlech gëtt just an de Cours d’Accueil e wierklech duerchgehenden Däitsch als Zweetsprooch bzw. Friemsproochenunterricht gemaach. D’Cours d’accueil sinn dorop ausgeriicht, de Schüler relativ séier zu enger Kommunikatiounssprooch ze verhëllefen. Et hänkt ëmmer dervun of, wéi eng Sprooch sech hei als Hëllefsmëttel als éischt ubitt. 1.734 sougenannten Primo Arrivants koume fir d’Schouljoer 2019/2020 op Lëtzebuerg (EDUSTAT/MEN 2021). Leeschtungsstaark Schüler erreechen an dësen Intensivsproochkursen oft a kuerzer Zäit eng ganz gutt Basis an der däitscher Sprooch:

- All Schüler gëtt erkläert, wéi wäertvoll seng Mammesprooch ass. D’Kand soll seng Sproochkompetenzen, déi et schonn huet, asetzen, fir nei Sproochen ze léieren.
- Am Unterrecht gëtt verstärkt mat Transferbeispiller geschafft.
- D’Schüler gi mat enger anerer Astellung a Motivatioun un d’Sproochléieren eru wéi hir Peers am Reegelunterricht. Si brauchen déi nei Kommunikatiounssprooch, sou gëtt d’Zweetsprooch Däitsch fir si am Alldag relevant.
- Den Eltere gëtt de Bildungssystem erkläert an et gëtt hinne verdäitlecht, wéi wichteg et ass, d’Sproochsituatioun vum Land unzehuelen. Och gëtt op d’Bedeutung vun der Familljesprooch higewisen.
- Däitsch gëtt konsequent als Zweetsprooch geléiert. Den Unterrecht ass op Kommunikatioun ausgeluecht. Geléiert gëtt a kleng Gruppen. 3-4 Kanner ginn intensiv an der Sprooch ënnerriicht a musse sech och just op dës Sprooch konzentréieren.
- Et gëtt keng weider nei Sprooch geléiert, ier net déi aner gefestegt ass (vgl. Scheer 2017: 122).

Mat der Aart a Weis, wéi d’Däitsch am Cycle 2 geléiert gëtt, gëtt net dervun ausgaang, dass et eng Sprooch ass, déi dem Schüler komplett friem ass. Am Bildungsbericht 2018 gouf d’Thes, dass Lëtzebuergesch grondsätzlech eng *Literacy bridge* (eng Bréck) ass fir d’Däitsch ze erléieren, op Basis vun den *Épreuves standardisées* ugezweifelt (vgl. Hoffmann et al. 2018: 88; 90).

Eng Alphabetiséierung op Däitsch bremst vill Kanner aus, well se eendeiteg an enger Friemsprooch Liesen a Schreiwe léieren. A fir aner Kanner ass et sou, dass se eng enorm Facilitéit am Däitschen hunn, sou dass Ënnerfuerderung an Iwwerfuerderung hei immens no beienee leien.

2 Umierkung: D’Fro, ob eng Alphabetiséierung an anere Sproochen nieft där däitscher, fir d’ëffentlech Schoul unzedenken ass, gouf e.a. beäntwert mat der Aféierung vun ëffentleche Schoulen mat internationale Programmer an och ganz rezent mam Pilotprojet: „Zesumme wuessen. Alphabetiséierung op Franséisch“. An de Wochen no dësem Virtrag an no dem Co-Lab ‚Méisproochegkeet. Eng Realitéit an eiser Schoul‘, huet den Éducatiounsministère offiziell annoncéiert, dass de Projet „Zesumme wuessen. Alphabetiséierung op Franséisch“ am September 2022 an de véier Gemengen Diddeleng (Schoul Däich), Déifferdeng (Schoul Uewerkuer), Schëffleng (Schoul Nelly Stein) a Fiels wäert starten (vgl. SCRIPT.lu 2022).

Während déi eng fantasievoll Aufsätz schreiwen, baut sech bei deenen aneren d’Kommunikationsbereitschaft am Mëndlechen an och am Schrëftlechen schrëttweis of. Wéi sollen déi betrafte Schüler et hikréien, fir d’däitsch Sprooch, wou se ganz am Ufank vum Erwerb stinn, sou wäit auszubilden, dass se d’Funktoun vun enger Bildungssprooch iwwerhuele kann? Eng Bildungssprooch ass am Fong eng nei Variant vun där Sprooch, déi de Schüler am Kontext ‘Schoul’ léiert. Hie léiert se iwwerall do, wou hien sech differenziert mat engem Thema auserneesetzt. Ugepeilt gëtt am Unterrecht eng konzeptionell-schrëftlech Kompetenz. An der däitscher Sprooch sollen Sproochhandlungskompetenzen ausgebaut ginn, d.h. déi eege Meenung soll z.B. kënnen op Däitsch dévelopéiert ginn an d’Sprooch soll agesat ginn, fir Fach- an Allgemengwëssen unzueeegen. Et kann een insgesamt fir d’Lëtzebuurger Schülerpopulatioun dervun ausgoen, dass d’Entwécklung vun enger Bildungssprooch verzögert asetzt an och hei sollt een driwwer schwätzen, wat dat heescht.

Vill méi däitlech wéi hir Schoulkomerode mat Familliesprooch Lëtzebuergesch mäuschen d’Kanner mat Migratiounshannergrond lëtzebuergesch Lehnwierder a syntaktesch Konstruktiounen ënnert d’Däitsch a si transferéieren och Konstruktiounen aus hiren anere Sproochen.

Grundschullehrerin 2: „Jo jo, bei alle Kanner (kënnst dat) bal (vir), awer ech fanne bei de portugisesche Kanner am meeschten, well se dann, da kenne se d’Wuert jo op Portugisesch, se kennen et dann op Franséisch an op Lëtzebuergesch, jo an dann nach engt Wuert op Däitsch, jo wann dat Däitsch dann net fonnt gëtt, dann huele mer dann alt dat Lëtzebuergesch. Wéi d’lescht Joer hat ech wierklech (e Kand), dat war eigentlech bal nëmme Lëtzebuergesch, wat en do am Däitsche geschwat huet, well en et och einfach guer net wollt wëssen. Dee war awer lo net Portugisesch, dee war lo Fransous, d. h. doheem nëmme Franséisch an dann dat Däitsch, dee wollt dat och guer net kënnen.“ (Scheer 2017: 117)

Dës Problematik existéiert natierlech och fir d’Franséisch.

Däitsch ass ab dem Cycle 2 d’Hauptbildungssprooch an de Fächer Däitsch, Rechnen, Éveil, Geo, Geschicht a VieSo. Lëtzebuergesch soll nëmme am Fach Lëtzebuergesch gebraucht ginn.

D’Schoulgesetz erlaabt doriwwer eraus d’Wiel tëscht Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch an alle paraschouleschen Aktivitéiten an am Sport-, Konscht- a Muséksunterrecht. Matschrëften müssen hei allerdéngs op Däitsch sinn. Faktesch gëtt awer an de sougenannten Niewefächer, an den Interaktiounen tëscht Enseignant an Schüler an um Rand vun de Schoulstonnen, iwwerall do wou d’Gesetz d’Wiel iwwerléisst, Lëtzebuergesch geschwat. Et bleift ëmmer d’Sprooch, déi de Kanner no ass. A Kontexter, déi Vertrauen an Emotionalitéit erfuerderen, gëtt ee Codewiessel an d’Lëtzebuergesch vollzunn. Och do wou Inhalter net verstan ginn op Däitsch an op Franséisch, gëtt op Lëtzebuergesch iwwersat.

Ofschléissend Bemierkungen

Mir gi rëm zréck an de Schoulhaff, fir dëse Virtrag ofzeschléissen, a kucken op d'Schoul.

- Wéi wäert sech d'Méisproochegkeet am Land veränneren a wéi muss d'Schoul sech dorop astellen?
- Wéi eng Sproochkenntnisser sinn an enger globaliséierter Welt gefrot?
- Wéi solle Sproochkenntnisser enseignéiert ginn – wa mer bedenken, wat fir een héige Kapitalwäert se hunn?

D'Technologien wäerten eis an Zukunft nach méi hëllef, fir Traductionen ze erméiglechen.

- Wat fir eng Kenntnisser sinn da gefrot a wéi entwéckelt sech déi digital Kommunikatioun weider?

Dësen Virtrag ofschléisse wëll ech mat zwee Sätz, ier ech lech d'Ateliere virstellen, an déi Dir elo gläich agedeelt gëtt:

'Et kann ee Sprooch nëmme verstoen, wann ee méi wéi Sprooch versteet' (Hörmann)

Sprooch ass ëmmer méi wéi reng Kommunikatioun an huet vill mat Identitéit a gesellschaftlechen Entwécklungen ze dinn. Wa mer awer mëttlerweil am gesellschaftlechen Discours net méi just vun enger Dräisproochegkeet zu Lëtzebuerg schwätzen, mee bei der Méisproochegkeet vum Land ukomm sinn a soen, dass 'd'Méisproochegkeet déi wierklech Mammesprooch vun de Lëtzebuerger ass' (Berg/Weis 2007) an dat als Zil a Wonsch fir déi ganz Sproochengemeinschaft/Gesellschaft auswäiten an där mir eis Dag fir Dag zu Lëtzebuerg beweegen, da misste mir och kënnen eng open Diskussioun doriwwer féieren, wat mer do erwaarden a vis-a-vis vu Sproochenhandelen a Sproochwësse vum Schüler verlaangen, dee scho méisproocheg ass, wann mer en am Haff untreffen.

D'Theema 'Méisproochegkeet – Eng Realitéit an eiser Schoul' wëlle mir unhand vu 4 Atelieren opschléisselen an an all senger Villschiichtegkeet diskutéieren.

Info: Dir fannt op www.curriculum.lu och ee PDF mat de PowerPoint-Sliden an dem Quelleverzeechnes vun dëser Introduktioun.

3.2 Atelieren

De 15. a 17. Mäerz 2022 hunn d'Participantë vun dësem CoLab-Workshop a véier themateschen Atelieren doriwwer diskutéiert, wéi si zum Theema 'Méisproochegkeet' an eiser Schoul stinn a wéi eng Usätz si begréisste géingen, fir der Chance an der Erausfuorderung, déi dës méisproocheg Realitéit mat sech bréngt, (méi) gerecht kënnen ze ginn. Déi verschidden Atelieren haten als Zil, d'Theema op ënnerschiddlech Aart a Weis ze beliichten a méiglechst diversen Input ze kreéieren, fir e Gesamtbild kënnen ze erfassen.

- **Atelier A** – Sproochbildung
- **Atelier B** – Alphabetiséierung, Sproochendidaktik a Méisproochegkeet
- **Atelier C** – Spannungsfeld tëschent der institutioneller, gesellschaftlecher an individueller Méisproochegkeet
- **Atelier D** – Bildungssproochen entwéckelen

All Atelier gouf vun de Mataarbechter aus der Curriculumsdivioun encadréiert, déi moderéiert an den Input festgehalten hunn. Ënnert anerem goufe folgend Froen diskutéiert:

- Wat sinn Erausfuorderunge fir den Unterrecht am Zesammenhang mat der Méisproochegkeet?
- Wat huet sech Ärer Erfahrung no bewäert fir den Ëmgang mat der Méisproochegkeet (Reegelen, Aarbechtsweisen, Differenzéierungsmoossenamen,...)
- Wat géingt Dir als weider Léisungsusätz fir ee gudden Sproochenunterrecht proposéieren?
- Wat sinn Äre Demanden fir den neie Plan d'études par Rapport zum Theema Méisproochegkeet? Wat soll bäibehale ginn, wat op alle Fall verännert ginn? (Inhalt, Didaktik,...)
- Wou sti mir par Rapport zu der sproochlecher Bildung am Cycle 1 a virdrun?
- Wéi gëtt de Sproochewiessel vum C1 an den C2 virbereet?
- Wéi eng Plaz hunn d'Familljesprooche vun de Kanner an der Schoul?
- Wéi kritt all Kand Zougang zu den néidege Sproochkompetenzen fir an der Schoul ze bestoen?
- Wéi eng Roll spillt déi sproochlech a kulturell Diversitéit vun de Kanner am Unterrechtsalldag?
- Wéi gesitt Dir d'Alphabetiséierung am Zesammenhang mat der sproochlecher Diversitéit?
- Wéi ginn zu Lëtzebuerg Sprooche geléiert, wéi eng Sproochendidaktik(en) ginn agesat?
- Wéi bauen d'Cyclen (1-4) am Sproochenunterrecht am Lëtzebuergesch, am Franséischen, am Däitschen an eenzelsproochiwwergräifend openeen op?

4. Zesummefaassung vun de Diskussiounen

De gesammelten Input aus allen Atelieren (online a presentiel) gëtt op den nächste Säiten duergestallt.

D'Andeelung an d'Regruppéierung vun den Aussoen aus dem CoLab-Workshop gouf vun der Curriculumsentwécklungsdivisioun vum SCRIPT virgeholl. D'Inhalter goufe beschtméiglech zesummegefaasst a strukturéiert, woubäi versicht gouf, Eegeninterpretatiounen ze vermeiden a méndlech wéi schréftlech Aussoen inhaltsgetrei erëmzeginn an se zesammenzefaassen. Eng reng Zesummestellung vun de genannte Stéchwierder vun den Atelieren fënnt een an der separater Annexe zu dësem Rapport.

D'Inhalter, déi elo presentéiert ginn, sinn Deel vun der Grondlag fir eng weiderféierend Diskussioun ronderëm den neie Plan d'études 2025. Während munnech Aspekter méi dacks genannt gi sinn, huet et sech bei aneren (nach) ëm Eenzelaussoe gehandelt. Net all déi genannten Aspekter wäerten heru an dat konkret Konzept fir den neie Plan d'études 2025 opgeholl kënne ginn, mee si sinn awer wäertvoll Indikatoren, fir d'Richtung ze spieren, déi vum Terrain erwünscht ass. Verschidde Partner wäerten op dëse Rapport reagéieren an dobäi verschidde vun de presentéierten Iddien opgräifen, esou wéi anerer fir sech verwerfen. D'Zil ass et, fir no all de gehéierte Stëmme e roude Fue dem erauszekristalliséieren, op deem den neie Plan d'études 2025 kann opgebaut ginn.

Op den nächste Säite fannt Dir deemno d'Käraussoen, déi a béide CoLab-Workshoppen, Online a Presentiel, de 15. a 17. Mäerz 2022 genannt goufen. Wann Dir interesséiert sidd, alleguerten d'Stéchwierder aus den Atelieren ze liesen, konsultéiert wgl. déi separat Annexe.

4.1 Beweggrënn fir um CoLab zu der Méisproochegkeet an de Schoulen deelzehuelen

Éiert d'Participanten an d'Atelieren agedeelt goufen, kruten si iwwert Mentimeter³ d'Fro gestallt, wat dann hir Motivatioun wier, fir am CoLab „Méisproochegkeet“ matzemaachen. D'Participantë konnten 2 Stéchwierder als Äntwert an de Mentimeter aginn. D'Äntwerte vun de Participantë goufen dunn och a Form vun enger Wierderwollek projezéiert.

3 Mentimeter ass eng interaktiv Präsentatiounssoftware fir an Echtzäit Ëmfroen ze lancéieren an e Stëmmungsbild ze kreéieren (www.mentimeter.com).

Verschiede Participanten hunn uginn, dass si perséinlech um Thema interesséiert sinn, ee Participant huet uginn, selwer siwesproocheg ze sinn, en aneren een zukünftegt Schoulkand ze hunn, an nach een gëtt un, dass en virwëtzeg wier. Dann hunn anerer de berufflechen Interessi uginn, dorënner eenzelner spezifizéiert, Enseignant am C1, Sproocheproff oder Friemsproochenseignant ze sinn.

Anerer hunn e Schoulenwécklungsinteressi uginn. Et waren nämlech och Participanten dobäi, déi an engem Schoulcomité aktiv sinn, an enger Programmkommissioun fir den Enseignement fondamental (CNEF) oder als I-DS schaffen.

Da goufen awer och puer Ënnertheemen als Motivatiounsfacteure genannt: d'Ausso 'besonnesch am C1' taucht op, den 'Iwwergang an de Lycée', 'Spaass un de Sproochen', 'Mammesproch sëtzt net', 'Sproochproblemer', 'Sproochstéierung', 'sozialt Ëmfeld', 'Niveau', 'Sprooch richteg schwätzen', 'sozial Gerechtegkeet', 'SchülerInnen', 'eng Schoul fir jiddereen', 'international', 'vill Sproochen', 'Sproochen accueiléieren', 'Spigelbildgesellschaft', 'Sproochen an der Klass', 'multikulti Klass', 'multikulturell', 'Diversitéit', 'Méisproochegkeet als Atout', 'Méiglechkeeten', 'Approche adaptéieren', 'Aarbecht mat de Kanner'.

Da goufen nach eenzel Motivatiounsfaktoren, wéi 'd'Ëmsetzung', 'besser schaffen an der Schoul', 'matdenken', 'Informatioun', 'Erklärungen an nei Perspektiven' genannt.



Mentimeter vum 17. März 2022 (CoLab am Presentiel mat 29 Leit)

Änlech ewéi beim Mentimeter vum Online-Colab, hunn d'Participantë vum Colab en Presentiel den Interessi fir d'Theema als Haaptmotivatiounsgrond uginn, fir un dësem Colab deelzehuelen. Si hu Stéchwierder wéi "spannend Theema", "wichtig Theema" a "komplex Theema" genannt an och e "(groussen) Defi zu Lëtzebuerg" an "Zukunft vun der Schoul" aginn.

Dann hu si och “d’Méiglechkeet, fir Iddien auszetauschen” a “fir d’Kanner besser ze verstoen a si wäertzeschätzen” genannt. Ausserdem war hinnen de Bäitrag vum Terrain fir d’Iwwerschaafte vum Plan d’études wichteg.

Eenzel Stéchwieder, déi mam Thema Méisproochegkeet ze dinn hunn an d’Participantë motivéiert hunn fir matzeschaffen, sinn: “Chancegläichheet”, “Differenzéierung”, “Wichtigkeet vun de Sproochen”, “Wäertschätzung vu Sproochen”, “Villfalt”, “Entwécklung”, “natierlech a spilleresch” an “eng Chance an e Problem”.

4.2 Beschriewung vun der Méisproochegkeet als Realitéit an eise Schoulen

Aus de Gespréicher vun de verschiddeenen Ateliers, an haaptsächlech während dem Atelier A zur Sproochebildung en Presentiel an Online, léisst sech folgend Bild vun der Realitéit an eise Schoulen ofleeden:



4.2.1 Wéi d'Méisproochegkeet momentan an de Schoulen ausgesäit

Sproochlech Diversitéit beim eenzelne Kand

Vill Kanner si scho méisproocheg, éier se an d'Schoul kommen. Duerch e **Migratiounshannergrond** kënnen d'Kanner 1, 2 oder souguer méi Sproochen mat an d'Schoul bréngen, wou si dann innerhalb vu kuerzer Zäit nach déi weider dräi Schoulsproochen (Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch) bäibruecht kréien.

Sproochlech divers wier zum engen de Repertoire vun de Sprooche, déi d'Kand mat an d'Schoul géif bréngen, mee zum aneren och de **Kompetenzniveau, a wéi wäit dës divers Sproochen ausgebilt wieren**. Am C1 géif et aktuell vill Kanner ginn, déi een net géif verstoen, well quasi keng Sprooch ausräichend do wier (Sproocharmut). Den allgemenge Constat ass, dass vill Kanner hir eegen Éischtsprooch net méi kënnen, hei wieren och Kanner mat als Éischtsprooch Lëtzebuergesch betraff.

De **sozio-kulturellen Hannergrond vun de Famille** spillt eng grouss Roll beim Erwerb vun den Bildungsproochen. Wann d'Éischtsprooch net gutt genuch entwéckelt ass, ass et schwéier, nei Sproochen ze léieren an dorop hätt d'Schoul keen Afloss. Verschidden Eltere wiere mat Bléck op d'Zäit, déi si kéinte mat hire Kanner verbréngen, privilegiéiert, anerer dogéint staark benodeelegt. Heiansdo géifen d'Elteren sech doriwwer eraus vill Méi ginn, fir hire Kanner eng vun den dräi offizielle Landessproochen, déi si selwer net gutt géife beherrschen, als Éischtsprooch bäizebréngen.

Ausserdem gouf nach erwäant, dass d'Kanner scho fréi duerch **Sozial Medien**, wéi z. B. Youtube oder Tik Tok, nieft der Schoul mat der englescher Sprooch a Kontakt kéimen. D'Kanner kéinten deelweis schonn e bëssen Englesch duerch Spiller um Tablet o.ä.

Méisproochegkeet duerch déi sproochlech Diversitéit bei de Schüler

Am C1 spillt déi **sproochlech a kulturell Diversitéit** eng grouss Roll. Et gëtt e groussen Ënnerschied tëscht de Schoulen an et hänkt vill dervun of, wéi vill Kanner Lëtzebuergesch schwätzen. D'Kanner benotzen déi Sprooch, déi se beherrschen, well se nach keng aner Sprooch kënnen. Si géife sech upassen, mee si géifen och hiresgläichen sichen. Grondsätzlech géife **Kanner vun anerer kultureller Herkunft gutt integréiert**. D'Kanner géife sech wéineg dru stéieren, mee wieren éischer virwëtzeg. Si sinn oppe fir aner Kulturen, Bräich a Reliounen.

D'Kanner géifen fräi tëscht de Sproochen switchen, wann hinnen d'Wierder an enger Sprooch net géifen afalen. Mat der Zäit, vum C1 bis de Secondaire, festegt sech d'Lëtzebuergesch ëmmer méi als Kommunikatiounssprooch tëschent de verschiddene Sproochgruppen. **Am Lycée féiere Sproochenënnerscheeder méi oft zu Konflikter**. Am Lycée hängt et éischer vun de Sektionen of. Op francophone Klassen am Enseignement général géif een eng grouss Méisproochegkeet virfannen, ähnlech wéi an den Ufäng am C1.

Sproochlech Diversitéit um Niveau vun den enseignierten Sproochen

D'Kanner kréien déi dräi Landessproochen an der Schoul bäibruecht

D'Enseignantë bréngen de Schüler déi **dräi Sprooche Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch** bäi. Déi dräi Sprooche wieren aktuell nach ëmmer wichteg, well si d'**Basis vun der Lëtzebuerger Natio-**

nalitéit géife bilden an d'**Integratioun an d'Lëtzebuenger Gesellschaft** géifen erméiglechen. Sprooch wiere wichteg fir un der Gesellschaft kënnen deelzehuelen, si géifen och der Ghettoisatioun vun den Deelgesellschaften entgéintwierken. Wann ee Schwieregkeete mat den dräi offizielle Sprooch vum Land hätt, da wier een an der Lëtzebuenger Gesellschaft séier ausgeschloss. Dat géif och fir déi Leit gëllen, déi et net esou einfach hunn, Sproochen ze léieren.

Am Secondaire kënnen nach zousätzlech Coursen an de Sproochen Englesch, Latäin, Italienesch a Spuenesch dobäikommen. Do sinn d'Langues d'enseignement Däitsch a Franséisch, d'Lëtzebuergesch ass hei keng dominant Sprooch, se gëtt awer an der Voie de Préparation an am Général am Noutfall benotzt, fir eppes ze erklären, wat net verstane gouf. D'Ëmgangssprooch wiere vum Public ofhängeg, mee si wieren an der Reegel Franséisch, Englesch a Lëtzebuergesch.

D'Sonderstellung vum Lëtzebuergesch an der Schoul

Lëtzebuergesch als Integratiouns- a Sozialisierungssprooch an der Schoul

Een Zil vun der sproochlecher Bildung ass et, eng sproochlech Basis ze schafen. D'sproochlech Bildung ass wichteg fir eng gemeinsam Sprooch ze hunn **fir sech ze verstännegen** a fir dass d'Klass eng **Gemeinschaft** ass. Well vill verschidde Sproochen doheem geschwat ginn, gouf eng gemeinsam Integratiounssprooch fir de Wee an der Schoul gesicht.

D'**Lëtzebuenger Sprooch ass hei de gemeinsamen Nenner** a spillt hir Roll als Integratiounssprooch an der Schoul. Si iwwerhëlt déi Funktioun an ass d'**Basis fir Kommunikatioun a Gemeinschaft an der Klass** a se gëtt als Schoulsprooch gefërdert. Lëtzebuergesch gëtt haaptsächlech am Alldag geléiert, sou d'Participantë vum CoLab. D'Lëtzebuenger Sprooch ass oft d'Sprooch am Frëndeskrees, wa vill Sproochen zesummekommen. Och wann ee se net perfekt kann, kritt een esou eng Kommunikatioun hiergestallt. Déi lëtzebuergesch Sprooch huet e grouse Stellwäert am Schoulalldag. D'Enseignantë fërderen déi **lëtzebuergesch Sprooch als gemeinsam Schoulsprooch** en vue vun enger gemeinsamer Kommunikatiounssprooch an de Kompetenzen, déi weider vun de Kanner wäerte gefrot ginn.

De grouse Stellwäert vum Lëtzebuergesch am Schoulalldag a wéi Lëtzebuergesch am schouleschen Alldag geléiert gëtt

Déi lëtzebuergesch Sprooch ass eng vun den dräi Nationalsproochen an och wa se an der Schoul keng Bildungssprooch ass, esou huet se e grouse Stellwäert am Schoulalldag. Si iwwerhëlt déi Funktioun an ass d'Basis fir Kommunikatioun a Gemeinschaft an der Klass a gëtt als Schoulsprooch gefërdert. Et gëtt nët nëmme vill Lëtzebuergesch am Haff geschwat, ma och an der Schoul, fir Saahe besser kënnen ze erklären. Lëtzebuergesch gëtt haaptsächlech am Alldag geléiert. Lëtzebuergesch gëtt awer och niewebäi geléiert, z. B. doduerch dass Lëtzebuergesch an der Maison Relais geschwat gëtt. Am Précoce gëtt d'Lëtzebuergesch duerch Widderhuelungen a Ritualer gefërdert. Wann e Kand am C1 seng Éischtsprooch eenegermoossen bis gutt kann, mee kee Lëtzebuergesch, da géif ee mierken, dass et vill nolauschtert. No e puer Méint am C1 géif ee schonn déi éischt Fortschrëtter am Lëtzebuergesch mierken. Am C1.2 sinn dann och scho méi komplex Sätz present.

An der ëffentlecher internationaler Schoul gëtt Lëtzebuergesch als Friemsprooch geléiert. An den internationale Lycéeeën, wéi z.B. dem Lënster Lycée, ass Lëtzebuergesch automatesch present, soulaang d'Enseignantë Lëtzebuenger sinn. D'Lëtzebuergesch bleibt dee Moment als Kommunika-

tiounssprooch bestoen. An den Nierwefächer géif d'Lëtzebuergesch d'Kommunikatiounssprooch bleiwen.

Den Ëmgang mat der Méisproochegkeet am Schoulalldag

Fir d'Participantë vum CoLab gesäit et an de Schoulen esou aus, dass **déi däitsch Sprooch just fir Kanner, déi Lëtzebuergesch als Éischt sprooch hunn, als Zweetsprooch gëllt; fir déi aner Kanner wier et schonn eng Friemsprooch.** D'Lëtzebuergesch Sprooch ass de gemeinsamen Nenner a spillt seng Roll als Integratiounssprooch.

D'Enseignantë géifen d'Kanner do ofhuele, wou se stinn. **All Kand hätt Sproochkenntnisser** an en eegenen Langage fir ze kommunizéieren, **op deen een opbaue kéint** fir aus enger Interferenzsprooch eng Zilsprooch opzebauen. D'Kanner géife gär emol tëscht de Sproocher wiesselen, wann hinne Wieder an enger Sprooch net géifen afalen. Verschidden Enseignantë géifen op fir d'Kand besser verständlech Sproocher zrëckgräifen, anerer maachen an der Langue véhiculaire weider, fir dass d'Kand duerch Immersioun d'Sprooch weiderléiert. Verschidde Kanner brénge schonn 1-3 Sproocher mat an d'Schoul. **D'Realitéit um Terrain ass immens multilinguistes**ch an et ass d'**Komplexitéit, fir déi verschidden Niveaue beieneen ze bréngen.**

4.3 Méisproochegkeet ass souwuel een Atout wéi och eng Barrière fir d'Kanner



4.3.1 D'Méisproochegkeet als Atout fir d'Kanner

Méisproocheg sinn ass en Atout fir all Einzelnen a fërdert d'Gemeinschaft an enger kulturell diverser Gesellschaft

Sproocher si wichteg fir eng mündeg Platz an der Gesellschaft ze fannen. Et ass e Moyer, fir dozou ze gehéieren an um **Liewen an der Gesellschaft kënnen deelzehuelen**. Sproocher sinn och Deel vum Mënsch senger Identitéit a verschafen Zougang zu Kulturgidder. Nëmme wann een déi néideg Sproocher kann, kann een och aktiv als Deel vun der ziviller Gesellschaft agéieren a seng Rechter a Pflichten als Bierger hei am Land wouer huelen. Och Deelgesellschaften (Communautéiten) liewen an der Gesellschaft an d'Sproocher sinn **néideg, fir kënnen eng Ghettoisatioun ze verhënneren**. Déi initial Identitéit soll mat der gesellschaftlecher Identitéit zu Lëtzebuerg verbonne ginn. Et geet drëm, sech matzedeelen an den Échange tëschent de verschiddene Communautéiten ze erméiglechen, fir datt d'Gesellschaft ka méi zesummewuessen.

Déi sproochlech Diversitéit hei zu Lëtzebuerg ass e Schatz, sou d'CoLab-Participanten, an e grouse Virdeel par Rapport zum Ausland. D'Valorisatioun vun der Méisproochegkeet géif d'Kommunikatioun an de Respekt fir déi vill Sproocher fërdere. Et wier eng gutt Saach, dass am Géigesaz zu der Schwäiz hei am Land jiddereen an der Schoul déi dräi national Sproocher bäibruecht kréich. Esou géif d'Méisproochegkeet zum Instrument fir d'Inklusivatioun an d'Stärken vum Zesummenhalt ginn.

4.3.2 Fir vill Kanner sinn d'Sproocher eng Barrière an der Schoul

D'Sproocher als Facteur d'échec an der Schoul

Wann een d'Sproocher net géif beherrschen, da wier dat an eisem Schoulsystem kloer vun Nodeel. D'Sproocher géifen de Kanner nämlech net nëmmen erlaben, hir **Iddien auszedrücken an anerer ze verstoen**, an domat **kognitiv, emotional a sozial Kompetenzen ze entwéckelen**, mee géifen och allgemeng den **Zougang ginn zu der Matière an dat net nëmmen a sproochleche Fächer**. Ausserdem, wier d'Kompetenz vum Kand an de Sproocher e wichtige **Krittär, fir Iwwergäng an de nächste Cycle** ze erlaben an Entscheedunge bei der **schoulescher a beruflecher Orientatioun** ze treffen.

D'Sprooch kann den Zougang zur Matière erschweieren

Fir d'Kanner wier et an eisem Schoulsystem schwéier, Däitsch ze léieren, wa se virdrun net gutt Lëtzebuergesch kéinten. An de Schoulen geséich et esou aus, dass **déi däitsch Sprooch just fir Kanner, déi Lëtzebuergesch als Éischtsprooch hunn, eng Zweetsprooch wier; fir déi aner Kanner wier et schonn eng Friemsprooch**. Soumat erschweiere verschidden Ausgangssproocher den Erwerb vu weidere Sproocher.

Sproocher kënnen awer och **den Erwerb vun net sproochleche Kompetenzen erschweieren**. Wann an der Mathé zum Beispill en Énoncé scho sproochlech net verstane gëtt, dann huet ee Kand mol keng Chance, ze versichen, den Énoncé mathematesch ze verstoen, och wann et engem net u Mathéverständnis oder Affinitéit feelt, sou d'Participanten.

D'Leeschtung gëtt doduerch verhënnert, dass déi sproochlech Kompetenzen de Gedankegang vum Schüler net erméiglechen, zu deem e fäeg wier. Kanner, déi vu Klengem un ongenügend Sproocher-

kenntnisser hunn, behalen duerno ëmmer **Schwieregkeeten, fir sech nei Matière unzeeegnen**. Am C3 fällt et och schonn op, dass verschidde Schüler nei Contenuen net verhalen, well eng sproochlech Basis feelt. Och am Secondaire sinn net gutt geléiert Bildungssproochen e Facteur d'échec. No der 5^e wiere vill Echecken, well d'Basis an de Fächer Mathé, Franséisch an Däitsch géif feelen. Och fir de Geschichtscours gouf bemierkt, dass d'**Schüler déi verlaangte Langue véhiculaire net gutt genuch géinge beherrschen**. Bei verschiddene Schüler géif et de Moment net onbedéngt un Allgemengwëssen feelen, mee si géifen dann net verstoen, wann den Enseignant eppes géif erklären, well hinnen den néidege Vocabulaire dofir feele géif. Net all Kand kréich Zougang zu den néidege Sproochekompetenzen, déi et bräicht, fir an der Schoul ze bestoen.

Am ESG an am ESC wier et wichteg, dass d'Freed um Léiere vun enger Friemsprooch weidergefouert géif ginn an d'schrëftlech/grammatesch Kompetenz geéifen iwuer villfälteg didaktesch Methoden enseignéiert ginn. Et wier schued, wann d'Franséisch nach en selektiv Funktioun am ESC hätt an d'Schüler keng Freed méi un der Sprooch géife verspiere.

D'Sproochen als Haaptkrittär bei Cycles-Iwwergäng a bei Orientatiounsfroen

Am Moment ass et esou, dass d'**Sproochen den Haaptkrittär fir d'Selektioun** duerstellen a (mat) decidéieren, wéi eng Kanner an den nächste Cycle kënn goen, a wéi ee Lycée se orientéiert ginn a wéi eng Dieren iwuerhaapt fir si opstinn.

Um Enn vum Cycle 1 sollen all d'Schüler Lëtzebuergesch kënnen. D'Sprooch kann eng Ursach si fir en Allongement am C1, mee wann ze vill Kanner en Allongement brauchen, da kënnen se awer net all ee kréien, sou dass muncher hir sproochlech Schwierigkeeten am Lëtzebuergesch mat bis an de Cycle 3 huelen.

De Bewäertungssystem wier esou rigide, datt d'Kompetenzen an de **Sprooch séier en Ausschlosskrittär** wieren. D'Épreuves standardiséées géifen zum Beispill keng Differentiatioun zouloossen, esou datt **all d'Kanner mam selweschte Mooss gekuckt géife ginn**, an d'Sprooch séier zum Ausschlosskrittär géife ginn. D'Participantë bedauern, dass verschidde Kanner op Grond vun engem ongenügenden Niveau an enger Sprooch net an dee Beräich kënn goen, wou si wélten, obwuel si soss all Kompetenzen dofir matbréngen. Am Däitschen géif et am C4 kee fixe Programm ginn, esou dass den Enseignant sech un d'Sproochekompetenzen vun der Klass géif upassen, obwuel se um Enn vum C4.2 all déi selwecht Épreuve misste maachen. Erschwéierend kënn derbäi, dass d'Texter vun den Épreuves communes net un den Alter vun de Kanner ugepasst wieren.

Wann och nëmme eng Sprooch net séiz, kéint d'Kand zum Beispill net an de Secondaire classique goen. Dëst féiert deelweis esouguer zu enger fréizäiteger Orientéierung an de Modulaire. A mat Schwierigkeeten a méi wéi enger Sprooch ass den eenzege Wee iwuer en DT oder DAP, och wa fir de Schüler, sengen aneren Kompetenze no, en anere Wee méiglech wier.

D'Kanner géifen ze fréi an de Lycée kommen a misste schonn ze fréi Entscheedungen treffen, déi hinnen Dier geéifen zoumaachen. Mir dierften hinnen d'Chancen net sou fréi ewechhuelen. Si misste motivéiert ginn a motivéiert bleiwen, besonnesch, wa si kéinte mengen, si géifen eppes net packen. Ze vill évaluéieren, verdierft hinnen de Spaass um Léieren. Eréischt wa si sech an enger éischer Sprooch eng Basis opgebaut hunn, sollt eng zweet Sprooch dobäi kommen. Domat hätt all Kand dann eng dominant Sprooch (seng Éischt-) an eng Zweetesprooch.

Am Lycée géif virun där Sprooch, déi am beschte bei de Wonschberuff passt, déi Sprooch gewielt, ginn, déi engem selwer am beschte géif leien. Esou kéim et dozou, dass d’Kanner géife Franséisch wielen, soubal si an den héije Klassen am Lycée eng Sprooch kéinten eraussichen. **D’Méiglechkeete wiere begrenzt fir hei am Land e Beruff ze erlëieren, wann ee francophone wier.** D’Schüler missten deelweis a Frankräich hir Léier maachen. Schonn ab 5e wiere verschidden Ausbildungen nët méi méiglech, wéinst de Sproochvoraussetzungen. Kanner, déi ofgesi vun de Sproochen, kéinten excelléieren, kéinte wéinst dem Hindernis ‘Sprooch’ hire Stärkten net nogoen. Souguer bei der Differenzéierung ‘Cours de Base’ oder ‘Cours Avancé’ bei de Sprooche géingen Dieren zougoen. Et gëtt sech och d’Fro gestallt, ob et wierklech néideg ass, datt all Kand all d’Sprooche léiere muss fir kënnen an de Secondaire Classique orientéiert ze ginn. D’Sprooche kënnen nämlech e Grond dofir sinn, datt e Schüler trotz héijem IQ ënnert sengem Wert evaluéiert gëtt.

Am Moment géife mir et eise Schüler am Verglach zum Ausland extrem schwéier maachen. Si missten all déi fachlech Inhalter léieren, déi se am Ausland och léieren, an dann och nach zousätzlech den héijen Niveau an de Sproochen erreechen. Domat kéinte manner Kanner a Richtung Uni goen, och wa se d’Kapazität hätten, fir sech déi néideg fachlech Kompetenzen unzueeignen, well si déi sproochlech Ufuerderungen net erfëlle géifen.

4.4 D’Méisproochegkeet als Challenge fir d’Schoul



Problemer, mat deenen d'Enseignanten am Unterrécht konfrontéiert sinn, duerch de Kontext vun der Méisproochegkeet

- Een Deel vum Léierpersonal freet sech, wéi een d'Méisproochegkeet als Atout notze kann.
- Erausfuorderung fir d'Enseignanten a Komplexitéit, déi grouss Heterogenitéit um sproochlechen Niveau an de Klassen ze géréieren.
- Mangelnd Differenziatioun: Am Moment gëtt ee kengem Kand gerecht, well een e Mëttelwee versicht anzeschloen, woubäi sproochlech staark Kanner ënnerfuert ginn, a sproochlech schwach Kanner iwwerfuert ginn. Aus dem Mëttelwee entsteet Mëttelméissegkeet.
- D'Kanner am C1 sproochlech op d'Ufuerderungen am C2 preparéieren.
- Problematik mat der Alphabetisatioun (+ passend Material fannen + aner Alphabet am Cours d'Accueil).
- Eng aner Problematik ass déi vu Kanner, déi net dat nämlecht Alphabet hunn ewéi mir. D'Leit aus der Logo soen, datt et am Moment keng richteg Method respektiv Didaktik oder Material gëtt fir Kanner ze alphabetiseieren, dei eist Alphabet net kennen.
- Mangel u Personal, respektiv Mangel u spezialiséiertem Personal: Do derbäi kënn, dass d'Enseignantë missten all Sprooch, déi se enseignéieren, och gutt beherrschen a se konsequent am Unterrécht benotzen. D'Enseignanten hunn, genausou wéi d'Schüler, eng Sprooch, déi se besser beherrschen wéi eng aner an déi se léiwer enseignéieren.
- Verantwortung, fir déi eenzel sproochlech Ressource vun de Kanner ze valoriséieren.
- Op ënnerschiddlech sproochlech Ressource vun de Kanner opbauen.
- Den Ëmgang mat de Feeler vun de Schüler. Schwieregkeeten z.B. am Däitschen, déi mir als Feeler gesinn, sinn aus der Siicht vun de Kanner awer Versich, eng Reegel aus enger anerer Sprooch am Däitschen unzewenden (dat gëllt fir all Sproochen).
- D'Schüler fir d'Sproocheléiere motivéieren a begeeschteren.
- Schwieregkeete vum Vermëttele vu Messagen an Inhalter duerch d'Sprooch. Et hëllt vill Zäit an Usprooch, alles nach a méi Sproochen ze erzielen.
- Fro no der Kommunikatiounssprooch am Alldag.
- Problematik fir d'Lëtzebuergesch als Alldagassprooch an d'Schoul ze kréien: Zu Lëtzebuerg ginn et grouss regional Ennerscheeder. A ville Klassen ass d'Lëtzebuergesch déi gemeinsam Schoulsprooch, a villen aneren ass et immens schwéier, iwwerhaupt daat Lëtzebuergesch an d'Klass eranzekréien.
- D'Enseignantë maachen sech Gedanken iwwer d'Sproochen, déi am Unterrécht geschwat solle ginn.
- Mam Codeswitching a Codemixing am Unterrécht ëmgoen.
- Kritik un der Haltung vu verschiddenen Enseignanten, déi keen Effort maache géifen, fir al Gewunnechten opzeginn.
- D'Sproochekenntnisser vu verschiddenen Enseignantë sinn net genuch ausgeprägt.
- D'Organisatioun vun de Sproochen am Emfeld vum Kand.

- Et ass schwiereg, fir d’Kanner am Däitschen op ee selwechten Niveau ze bréngen, well et ze vill verschidden Approchen a kee kohärente Plang gëtt, zumools am C4 net.
- D’Participantë froen sech, ob a wéi een ongefestegt Éischtsproochen an der Schoul opfänke kann.
- Duerch e Mangel u sproochlechen Ausdrocksméiglechkeeten kann et zu méi physischer Gewalt an de Schoulen kommen.
- Et ass schwéier, Sozialkompetenze bei Kanner ze fërderen, déi d’Sprooch net verstinn. Am C1 kënnen d’Sozialkompetenzen nëmme schwéier gefërdert ginn, well d’Kanner sech géigesäiteg net verstinn; dëst féiert zu Frustratiounen.
- Engersäits ass et schwierig, all d’Éischtsprooche vun de Kanner an der Schoul ze valoriséieren an anerersäits ass et schwéier, de Kanner déi Lëtzebuenger Sprooch ze vermëttelen, wann déi doheem net valoriséiert gëtt.

Fro no der Kommunikatiounssprooch am Alldag an am Unterrécht

- D’Fro ass, op wéi eng Sprooch sech soll gëeent ginn, fir am schouleschen Alldag ze kommunizéieren?
- D’Enseignantë mussen oft zwëschent de Sprooche wiesselen. D’Langue véhiculaire duerchezéie wier schwéier, well da vill Konzepter vun de Schüler net verstane géinge ginn.
- D’Fro ass, wéi eng Sprooch schlussendlech effektiv am Unterrécht geschwat, respektiv geléiert gëtt, an ob een net an de Niewefächer op d’Méisproochegkeet soll zréckgräifen.
- D’gemeinsam Sprooch an der Klass bléift d’Lëtzebuergesch, mee et wier schwéier se duerchezsetzen, well d’Kanner ënnerteneen automatesch an hir Éischtsprooch géifen zeréckfalen.
- Den 3-Kape-Problem: Kanner wëssen, dass d’Enseignante déi dräi Landessproochen beherrschen, a verschidde Kanner mengen dann am Sproochecours, si missten sech nët un d’Sprooch halen, déi an der Stonn soll geübt ginn. Si gräifen op déi Sprooch zréck, déi hinnen am beschte läit, well d’Enseignanten dës jo verstinn.

Schwieregkeete bei der Prise en Charge vu Primo-Arrivanten

- D’Integratioun vu Primo Arrivants an de Classes d’Accueil ass schwiereg, well et oft zum Retard an engem Fach kënnt, well d’Kand als éischt sproochlech muss fit sinn, fir den Zougang zur Matière ze kréien. Am Lycée hunn d’Schüler da Schwierigkeeten, an de Fächer nozekommen, wéinst der Langue véhiculaire. D’Niewefächer op méi verschidde Sproochen unzebidden, kéint awer zu enger Ghettoisatioun féieren, sou d’Participanten.
- Schüler mat engem franséische Background hätten oft net esou vill Problemer.
- D’Classes d’Accueil ginn net iwwerall ugebueden.

Schwierigkeet, de Sproochstand vun de Kanner an hirer Éischtsprooch ze ermëttelen

- Den Enseignant weess net, ob de Schüler d'Éischtsprooch richtig schwätzt.
- Et ass schwierig festzustellen, ob d'Kanner prett si fir eng Alphabetiséierung op Däitsch.
- Et feelt un offiziellen Tester fir de Sproochstand vun de Kanner am C1 ze ermëttelen.

D'Kanner am C1 sproochlech op d'Ufuerderungen am C2 preparéieren

- Oft ginn et **logopädesch Problemer, dei d'Kanner mat hirer Familljesprooch hunn**. Eng ganz Rei Kanner hu guer keng richtig fix Éischtsprooch oder se schwätzen d'Éischtsprooch net richtig. Am Cycle 2.1 feelt dann d'Basis fir un enger däitscher Alphabetiséierung deelzehuelen.
- D'Enseignantë froen sech, wat dee beschte Wee ass, fir d'Zilsprooch ze léieren? D'Kanner hunn eng Sproochenaarmut (si kënnen keng Wieder méi), och net an hirer éischer Sprooch.

Problemer um Niveau vum Programm a vum System

- Eis Programmer an de ganze System wieren net flexibel genuch.
- D'Fro stellt sech, ob Däitsch déi richtig Bildungssprooch ass, well se och der Situatioun um Aarbechtmarché net entsprécht, wou Englesch a Franséisch méi wichteg sinn.
- De groussen Zoulaß op international Schoule géif ganz vill iwwer Problemer am traditionelle System aussoen: D'Eltere froen, fir dass hir Kanner an der Éischtsprooch alphabetiséiert ginn a ginn hir Kanner am C2 an d'international Schoulen.
- De Programm definéiert net, wéi fit e Kand wierklech soll nom Cycle 4 sinn.
- D'Fro no der Wichtigkeet vun der Schrëftlechkeet an der Orthografie par rapport zur Mëndlechkeet.
- Franséisch géif ze fréi verschrëftlecht ginn.
- E Gefill fir déi verschidde Sprooche géif net genuch entwéckelt ginn.
- Et gëtt den Enseignantë virgeworf, sech schwéier ze dinn, al Gewunnegeen opzeginn. Och wann nei Iddien an neit Material kommen, géifen se bei hiren ale Gewunnechte bleiwen, well se Schwiergekeeten hätten, hir Komfortzon ze verloossen. Heiansdo géifen d'Leit de Sënn vum Neien net agesin, doduerch hätten se keng Motivatioun, fir eppes Neies unzewenden. Anerersäits ginn et och Enseignantë, déi op d'Realitéit um Terrain reagéieren a net konform zum Plan d'études agéieren. Esou fällt engem en Décalage zwëschent dem Matériel an dem Plan d'études op.

Problemer duerch d'sproochlecht Ëmfeld vum Kand ausserhalb vun der Schoul

- D'Kommunikatioun mat verschiddenen Elteren ass sproochlech bedéngt schwierig.
- Mangel un Opklärung bei den Elteren iwwer de méisproochegen Sproochenerwerb an d'Wichtigkeet vun de Sproochen an eisem Schoulsystem.
- Schwierigkeete vun den Elteren, fir hiert Kand bei schouleschen Aufgaben ze ënnerstëtzen.

Op ganz ënnerschiddlech sproochlech Ressourcen vun de Kanner opbauen

Vill Kanner hunn eng Sproocharmut, wann se an d'Schoul kommen, och an hirer Éischtsprooch. Deels wëssen si net, a wat fir enger Sprooch si schwätzen. De Kanner hir **éischt Sprooch ass heiansdo eng Baustell**. Wann dës net vun doheem aus gefestegt ass, kann se och net als Basis déngen, fir nei Sproochen ze léieren oder Vergläicher mat neie Sproochen ze zéien. Eng beherrschte Basis ass extrem wichteg als Ausgangspunkt, fir weider Sproochen ze léieren. Doduerch kënt et zu logopädesche Problemer an et ass schwéier, eng Méisproochegkeet bei deene Kanner ze entwéckelen.

Schwieregkeete, fir adaptéiert Material fir de méisproochege Sproochenunterricht an d'Alphabetiséierung ze fannen

- Onsécherheet bei der Wiel vum richtegen didaktesche Material: Material aus dem Ausland, a souguer op Lëtzebuergesch, passt dacks net op d'Besoinen. Et ass eng grouss Erausfuerderung, dat richtegt Material ze fannen.
- Soll ee fir d'Alphabetiséierung d'Éischtsprooch- oder d'Friemsproochendidaktik notzen?
- D'Schoulcomitéë bestellen oft d'Bicher fir d'ganz Schoul, och wann eigentlech all Titulaire selwer entscheede kéint, op wéi eng Bicher hie fir säin Unterricht zeréckgräife wéilt. Fir e jonken Enseignant ass d'Gesamtbestellung eng Stäip, mee féiert awer och dozou, datt een sech net muss entscheiden an einfach dat mécht, wat een anere virgëtt.
- Kontinuitéit an der Alphabetiséierungsmethod ass net ëmmer ginn: Et ass scho virkomm, dass Kanner mat zwou verschiddenen Alphabetiséierungsmethoden geléiert hunn.
- D'Ganzheetlechkeet vum Sproocheléieren gëtt net erkannt: Sprooch gëtt iwwee all gefuerdert, net nëmmen am Sproochenunterricht. Beim transversale Schaffe stellt sech d'Fro, wéi eng Sprooch hefir soll genotzt ginn.

D'Schüler fir d'Sproocheléiere motivéieren

- Verschidde Schüler feelt d'Motivatioun, fir eng Sprooch ze léieren. Dëst kënt och duerch d'Angscht respektiv d'Frustratioun vun de Schüler, eng nei Sprooch ze léieren.
- Et ass schwéier, d'Kanner fir d'Sproocheléieren ze begeeschteren. Virun allem um Niveau vum Fondamental ass et schwéier, de Kanner ze erklären, wéi Grammaire funktionéiert bzw. firwat hir Sazstruktur an enger Sprooch richteg ass, mee an där anerer dann net.

4.5 Erklärungen vun de Participanten zu den Ursaachen vu verschiddene Problematiken

Méiglech Ursaache fir mangelnd sproochlech Kompetenzen

Nodeems de Constat gemaach ginn ass, dass d’Kanner mat mangelnde sproochleche Kompetenzen aus der Schoul erausginn, kënnen hei e puer Ursaachen opgeléist ginn, déi d’Participanten als Grënn dofir uitgemaach hunn:

- Wann d’Éischtsprooch net gefestegt ass, ass et schwéier, aner Sproochen ze léieren.
- Kanner, déi hir Éischtsprooch am Précoce scho gutt beherrschen, hunn am Allgemenge méi Liichtegkeete beim Léieren.
- De Migratiounshannergrond ass e Facteur.
- Sozio-ökonomesch a familiär Ënnerscheeder.
- D’Elteren identifizéieren sech net mat de Sprooche vum Land.
- D’Eltere kënnen hire Kanner deelweis net beim Léieren hëllefen, well si d’Sproochen, déi an der Schoul geléiert ginn, selwer net gutt beherrschen.
- Iwwerforderung duerch d’Unzuel u Sproochen, déi ee muss léieren.
- D’Mësche vun de Sproochen a falsch Virbillen erschwéieren d’Erléieren vun enger Sprooch.
- D’Perséinlechkeet vum Kand spillt eng Roll: Kanner, déi méi reservéiert sinn, ginn am Sproocherunterricht net genuch berücksichtegt.
- Mangelnd Sproochkenntnisser hemmen d’Selbstvertrauen, wat néideg wier, fir Sproochen ze léieren (Et entstinn Hemmungen: ‘Silent Period’, mangelnd sproochlecht Selbstvertrauen).
- Déi aktuell Bildungsprooche passen net bei déi aktuell Schülerschaft.
- Schoulesch Offer: Problemer um Niveau vum Programm a vum System (z.B. Wann déi Lëtzebuergesch Sprooch net gefestegt ass, ass et och schwéier, déi däitsch Sprooch ze léieren; Däitsch gëtt als Éischtsprooch ugesinn an net als Friemsprooch, ausser am Cours d’Accueil; Ënnerscheeder tëscht dem Franséisch- an dem Däitschprogramm).
- Zevill évaluéiere verdierft de Spaass um Léieren.
- Eng fréizäiteg Orientéierung mécht de Schüler scho fréi Dieren zou.
- Et gi sproochlech Startschwierigkeete fir Kanner, déi net am Précoce waren. Dës Kanner kënnen oft kaum Lëtzebuergesch schwätzen.
- No der Sommervakanz am C1 si vill Sproochekompetenze verluergaangen.
- Individuell Ënnerscheeder: vill oder wéineg Interaktiounen an der Famill, perséinlech sproochlech Kompetenze vun den Elteren etc.
- Vill Schüler wëssen net, méi wéi ee léiere soll.

D’Kanner bréngt ganz énnerschildlech sproochlech Kompetenze mat an d’Schoul (sproochlech a kulturell Diversitéit)

De **sozio-kulturellen Hannergrond vun den Famille** spillt eng grouss Roll beim Erwerb vun de Bildungssproochen. Wann d’Mammesprooch net gutt genuch entwéckelt ass, ass et schwéier, nei Sproochen ze léieren an dorop huet d’Schoul keen Afloss. A punkto Zäit, déi si kënne mat hire Kanner verbréngen, si verschidden Elteren privilegiéiert, anerer staark benodelegt. Heiansdo ginn d’Eltere sech vill Méi fir hire Kanner eng vun den dräi offizielle Landessproochen, déi si selwer net gutt beherrschen, als Éischtsprooch bäizebréngen. **Et ass schwéier, all d’Kanner op een Niveau ze kréien.**

Wann d’Lëtzebuergesch Sprooch nach net gefestegt ass, ass et schwéier, Däitsch ze léieren. De Schoulechech ass virprogramméiert, wa keng Sproochen acquis sinn, ugefaange mat der Éischtsprooch.

Hürden, déi verhënneren, e sproochfërderlecht Ëmfeld fir d’Kanner ze schafen

- Wéineg Kontakt mat der Lëtzebuergesch Sprooch.
- Et sinn ze vill Sproochen mateneen.
- Iwwerforderung fir d’Kand duerch en onsystematesche Kontakt mat ze ville Sproochen vu Klengen un: Wann doheem bis zu 5 Sproochen geschwat ginn, iwwerfordert dat d’Kand.
- Et ginn Elteren, déi et gutt mengen an de Kanner eng Éischtsprooch bäibréngen, déi si selwer net gutt beherrschen.
- Doduerch, dass d’Kanner méi Zäit an der Friembetreiung verbréngen, gëtt d’Éischtsprooch doheem net genuch gefestegt, Kanner, déi vill an der Maison Relais sinn, hu keng Zäit, fir doheem hir Éischtsprooch ze schwätzen.
- Wéineg Virbereedung op déi verschidde Sproocheweisselen an der Schoul.
- D’Éischtsprooch gëtt doheem net genuch gefërdert, éiert d’Kanner an de Précoce/C1 kommen.
- Limitéiert Méiglechkeeten, fir d’Sproochen an de Maisons Relais ze fërderen: An der Maison Relais huet den Educateur ze vill Kanner am Grupp, fir se all zum Schwätzen ze motivéieren.
- De regionale Kontext huet en Afloss dorop, ob d’Kanner Lëtzebuergeschléieren als relevant empfangen.
- D’Bildungssproochen passen net bei déi aktuell Schülerschaft, doduerch dass d’Kanner ëmmer méi Sproochen schwätzen a keng gefestegt ass.
- De schlechten Afloss vun de (soziale) Medien op den Sproocherwerb: d’Éischtsprooch sëtzt net, well d’Kanner doheem ze vill virun de Medie sëtzen, amplaz mat hiren Elteren d’Sprooch ze schwätzen. Ze vill Videospiller doheem verhënneren d’Entwécklung vun der mëndlecher Sprooch.

Méiglech Ursaache vu mangelnder Motivatioun, fir Sproochen ze erléieren

Beim Schüler:

- **Integratioun als Motivatioun:** Wann eng Sprooch wichteg ass fir sech ze integréieren, da sinn d’Kanner méi motivéiert, fir se ze léieren. Dëst ass manner ausgeprägt bei Kanner, déi schonn eng Landessprooch kënnen a schonn hei liewen. Do ass oft d’Motivatioun, fir Lëtzebuergesch ze léieren, net esou grouss.
- **Affinitéite mat enger Sprooch:** D’Kanner soen vu enger neier Sprooch, si géifen dës “haassen”. Dës staark Emotioun ass oft schonn am 5. Schouljoer déif verankert, a mécht weider Aarbecht an dëser Sprooch schwierig.
- **Regional Ongläicheeten an der Fërderung vun der Méisproochegkeet:** Am Süde vum Land gëtt d’Méisproochegkeet méi gefërdert, wéi am Rescht vum Land.
- **Tëschent de Sproochen wiesselen verlaangt en Effort:** D’Sproochastellung am Lycée ass negativ, d’Schüler fannen dat nët gudd, ëmmer erëm d’Sprooch mussen ze wiesselen
- **Sproocheléiere verlangt e stännegen Effort:** Et feelt eng Culture de l’effort. Natierlech verlaangt d’Léiere vun de Sproochen vill Effort, soss entsteet en Nivellement vers le bas.
- **D’Motivatioun fir Lëtzebuergesch ze léieren ass manner grouss, wann ee scho Franséisch kann:** De Problem, dee sech stellt, ass dass e puer Kanner de Sënn net dra gesinn fir Lëtzebuergesch ze léieren, well si an hirer Sprooch mat anere Kanner schwätze kënnen. Dëse gesellschaftleche Phänomen gesäit een awer och bei de lëtzebuurger Studenten, déi op den auslänneschen Unien d’Tendenz hunn, fir ënnert sech ze bleiwen. De Problem gëtt et awer och mat den Expats oder de Frontalieren, déi den Échange mat der Gesellschaft net sichen.

Schoulintern:

- **Motivatioun gëtt geholl, well ze vill Drock op de Kanner laascht:** Mir kommen aus enger traditiioneller Dominanz vun der Schrëftsprooch. Dëst belaascht didaktesch och, well am Schrëftleche schonn alles vu vir era muss perfekt sinn. Et muss een awer kënnen op Feeler opbauen.
- **D’Sprooch ginn ze vill technesch an net genuch kommunikativ geléiert.**
- **D’Sproochendidaktik ass net un d’Schülerpopulatioun ugepasst** (Éischtsprooch vs. Friemsproochdidaktik); zumools am Däitschunterricht ass dat e Problem.
- **De Sproochenunterricht ass méi einfach mat klengen Klassen,** well d’Schülerpopulatioun esou divers ass an een da besser op déi individuell Besoinen agoë kann.
- **Aner Kanner souwuel als gutt oder als falsch Virbillen:** Et gi grouss Ënnerscheeder tëschent de Schoulen, ofhängeg dovunner, wéi eng Éischtsprooch déi meeschte Kanner doheem schwätzen. D’Kanner léiere vun eneen. Wa vill lëtzebuergeschsproocheg Kanner do sinn, ass dat vu Virdeel, fir déi lëtzebuergesch Sprooch ze léieren. Dat selwecht gëllt z.B. fir Franséisch, wa vill franco-phone Kanner do sinn.
- **Sproocheléiere mécht net genuch Spaass:** D’Sprooch ass an der Schoul net lieweg genuch. Grammaireexercicer, déi näischt mat der Liewenswelt vun de Kanner ze dinn hunn, verdierwen de Spaass. D’Kanner liewen d’Sprooch net genuch.
- **D’Familljesproochen ginn ëmmer méi niewesächlech, wat d’Cyclë méi héich ginn.** An der Paus behalen se allerdéngs oft méi e grouse Stellwäert.

4.6 Allgemeng Wënsch vun de Participanten a konkret Léisungsusäz

Op de viregte Säiten goufen d'Aussoen zesummegefaasst iwwert den aktuellen Zoustand vun der Méisproochegkeet an der Schoul (an ausserhalb vun der Schoul), Elementer goufe genannt, déi ee laut de Participantë bäibehale sollt an d'Schwieregkeete sinn erfaasst ginn am Zesammenhang mat der Méisproochegkeet. Op den nächste Säite kënt elo eng Oplëschting vun de Wënsch an de verschiddene Léisungsusäz, déi d'Participanten am CoLab ervirgestrach hunn.



Wéi eng allgemeng Wënsch hunn d'Participanten geäussert?

De Wonsch no méi Chancegläichheet fir all Kand

D'Participantë wënschen sech méi Chancegläichheet fir all d'Kanner an der Schoul. Et soll all Kand ugepasste Méiglechkeeten hunn, fir ze léieren. Et gëtt sech méi Gerechtegkeet an de Sproochen gewünscht, esou dass jiddereen, egal mat wéi engem Hannergrond, déi selwecht Méiglechkeeten huet, fir säi Potential ze verwierklechen. D'Sprooche sollen allgemeng keng Hürd si fir d'Evolution vun engem Kand am schoulesche System an och net fir d'Orientatioun an de Secondaire an doriwwer eraus.

En Ęmdenken am Enseignement vun de Sproochen fir der Méisproochegkeet méi gerecht ze ginn

En Ęmdenken am Enseignement vun de Sprooche gëtt sech gewënscht, well et ganz vill méisproocheg Kanner an de Klasse ginn. Eng allgemeng Haltung vun der Schoul an eng Positionéierung vis-à-vis vun der Méisproochegkeet sollen däitlech artikuléiert ginn. D'Méisproochegkeet als solch, wéi se an der Schoul ze fannen ass, soll als Chance wouergeholl ginn, an d'Erléiere vu Sprooche soll och als Chance an net als Hindernis ugesi ginn. Et soll een agesinn, dass déi däitsch Sprooch fir vill Kanner eng Friemsprooch ass an d'Sproochendidaktik soll deemenspriechend ugepasst ginn.

Méisproochegkeet als eng Opportunitéit fir d'Kanner an d'Enseignanten an der Schoul gesinn

Méisproochegkeet gëtt net nëmmen als Atout fir d'Kanner gesinn, mee och als Atout fir d'Schoul. Sprooche kënnen nämlech genotzt ginn, fir aner Sproochen ze léieren.

Et ass eng Chance, wann d'Kand vu klengem u mat ville Sproochen a Kontakt kënnt. **D'sproochlech Diversitéit an de Schoule** férdert den Interessi vun de Kanner fir déi verschidde Sproochen. Zumools am Süde vum Land géif d'Méisproochegkeet vun de Kanner doduerch méi geféiert ginn, dass d'Kanner méi verschidde Sproochen mat an d'Schoul bréngen. Sproochlech Diversitéit ass eng grouss Beräicherung, a soll am Unterrécht aktiv opgegraff ginn. Sozial Kompetenze ginn och geféiert an esou erlaabt d'Diversitéit d'Unhuele vun anere Kulturen. Mee net nëmmen d'Kanner profitéiere vun der sproochlecher Diversitéit an de Schoulen, den Enseignant gëtt iwwerdeems och ëmmer méi sproochegewandt.

Sprooche kënnen genotzt ginn, fir aner Sproochen ze léieren. Wann déi Sproochen, déi d'Kand mat an d'Schoul bréngt, genotzt ginn, fir de **Verglach mat anere Sproochen** ze maachen, déi et soll léieren, da kann d'Kand den Zougang méi einfach fannen. Et soll méiglech sinn, fir **Vergläicher tëscht der Familljesprooch an der Schoulsprooch ze maachen**. Dat erméiglecht et dem Kand, d'Gemeinsamkeiten an d'Ënnerscheeder festzustellen an esou d'Sprooche méi einfach ze erléieren.

D'Méisproochegkeet vun de Kanner definéiere kënnen

Bei der Méisproochegkeet vun de Kanner ass et nët ëmmer einfach, den Duerchbléck doriwwer ze hunn, wéi e Status wéi eng Sprooch bei wéi engem Kand huet. Et wier awer hëllefräich, eng gemeinsam Terminologie kënnen op d'Méisproochegkeet vun de Kanner ze sëtzen, och fir sech kloer ze sinn, wat déi verschidden Termen (Éischtsprooch, Friemsprooch oder Standardsprooch asw.) bedeiten a wéi een dee Moment de Sproochenunterricht am beschten adaptéiert. Et muss zum Beispill kloer sinn, dass Lëtzebuergesch an Däitsch net dat selwecht ass. Fir Kanner, déi net Lëtzebuergesch als Éischtsprooch hunn, ass et nämlech net ëmmer einfach, déi zwou Sproochen auserneen ze halen a si kréien awer d'Däitscht esou bäibuecht, ewéi wann dat fir si quasi eng Éischtsprooch wier. Et hunn och verschidde Participantë gemengt, dass och Kanner mat Éischtsprooch Lëtzebuergesch mam Däitschen eng Friemsprooch léieren, och wann si vläicht méi eng Affinitéit fir déi däitsch Sprooch hunn.

Nei Weeër fanne fir de Sproochenunterricht: Dem Schüler méi Wielméiglechkeete ginn

D'Participanten hu proposéiert, sech vläicht un aner Länner (z.B. den nordesche Länner) ze orientéieren, fir Iddien dozou ze kréien, wéi eng Flexibilitéit mir de Schüleriinnen a Schüler am Sproochenangebot an der Schoul ubidde kéinten. Och wann eigentlech e Konsens doriwwer besteet, dass déi dräi Landessproochen hir Berechtigung an der Schoul hunn an se en Atout si fir d'Kanner, gouf sech nach emol Gedanken doriwwer gemaach, ob se wierklech fir jidderee Sënn maachen. An der Praxis gëtt sech z. B. d'Fro gestallt, ob déi däitsch Sprooch nach Sënn mécht, well am Alldag quasi alles op Franséisch leeft, just am Osten wier dat Däitsch méi wichteg wéi am Rescht vum Land, wéint der Proximitéit zum Nopeschland. Doriwwer eraus, géifen déi aktuell Bildungssproochen net bei déi aktuell Schülerschaft passen, an zwar doduerch, dass d'Kanner ëmmer méi Sproochen schwätzen a keng gefestegt wier. Et koom och d'Iddi op, fir Lëtzebuergesch als Bildungssprooch ze notzen an op Lëtzebuergesch ze alphabetiséieren.

Et kéint een d'Sprooch och en Fonctioun vum Public eraussichen, mee da géif sech och nees d'Fro no der Chancegläichheet stellen.

Den Usproch, fir déi verschidde Sproochen nei festleeën

Vu dass d'Sproochen, déi een an der Schoul muss léieren, fir verschidde Kanner der ze vill sinn, gëtt sech d'Fro gestallt, ob et wichteg ass, alleguer d'Sproochen ze kënnen, déi an der Schoul geléiert ginn oder ob et net och duer geet en Deel dovun ze beherrschen. Op mannst kéint een den Drock ewechhuelen fir an alle Sproochen gläich staark mussen ze sinn. Et ass och d'Fro opgeworf ginn, wéi vill Sproochen da schon am Fundamental solle geléiert ginn an wéi ee Bildungsniveau an den eenzelne Sproochen soll ugestriift ginn. Fir verschidde Schüler kommen d'Sproochen nämlech ze séier openeen. Op alle Fall koom de Wunsch op, dass ee genau definéiere soll, wat d'Kand nom C4 soll kënnen, éiert een eng Visioun fir d'Méisproochegkeet géif entwéckelen. Et ass iwwerdeems bemierkt ginn, dass d'Sproochenuspréich vun der Schoul net den Uspréich vum Aarbechtsmarché entsprieche.

D'Sproochenangebot Franséisch, Däitsch, Lëtzebuergesch bäibehalen an iwwer d'Integratioun vun anere Sproochen nodenken

Wat d'Sproochen ugeet, déi d'Kanner an der Schoul bäibuecht kréien, gouf de Wunsch geäussert, d'Méisproochegkeet duerch d'Léiere vu Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch am Fundamental bäizebehale. Dës Sproochen géifen déi lëtzebuergesch Gesellschaft auszeechen.

Da gouf sech d'Fro gestallt, ob een d'Englescht net och schon am Fundamental kéint usetzen. Et koom d'Iddi op, fir sech schon am C4 mëndlech un déi englesch Sprooch erunzetaaschten. Dës Iddi hänkt mat der Observatioun zesummen, dass d'Kanner vu sech aus an deem Alter groussen Interessi fir dës Sprooch weisen, well si duerch déi nei Medien domat a Beréierung kommen. Et sollt och eng Reflektioun gefouert ginn, ob Englesch net och eng Bildungssprooch sollt ginn an ob Däitsch nach eng soll bleiwen, well an der Gesellschaft viles op Franséisch leeft. Portugiesesch kéint och als Optioun ugebuede ginn. Wann een d'Argument vum Spigel vun der Gesellschaft hält, dann kéint ee laut de Participanten och doriwwer nodenken, dem Mandarin an dem Spueneschen méi eng grouss Plaz an der Schoul ze ginn, well dës Sproochen méi Wichtegkeet an der Welt hätten, ewéi Franséisch an Däitsch.

Sech op Lëtzebuergesch als Kommunikatiounssprooch eenegen an se stäerken

Et soll sech op eng gemeinsam Kommunikatiounssprooch an der Schoul gëeenegt ginn. Et soll nieft dem Respekt vun der Éischtsprooch eng Integratiounssprooch ginn, déi den Zesammenhalt férdert. Dës Funktioun kéint weiderhin d'Lëtzebuergesch iwverhuelen.

Fir dëst ze erméiglechen, soll de Vocabulaire am Lëtzebuergesch weiderhin am C1 geléiert ginn. Déi Lëtzebuergesch Sprooch soll Langue véhiculaire bleiwen an als Fach gestärkt a seriö geholl ginn. Lëtzebuergesch soll déi gemeinsam Sprooch an der Schoul sinn, a soll d'Basis fir d'Alltagskommunikatioun ze erméiglechen bei all de Kanner setzen. D'Iddi war opkomm, fir d'Niewefächer an den ënneschte Cyclen op Lëtzebuergesch ze ënnerriichten an net op Däitsch, well d'Kanner doduerch méi vum Fach mat ewechdroe géifen an déi Lëtzebuergesch Sprooch festege kéinten.

Et gouf sech gewënscht, dass d'Lëtzebuergesch Sprooch mat engem richteg ausgeschaffte Programm soll ënnerstëtzt ginn. D'Niveauen, déi d'Kanner am Lëtzebuergesch sollen errechen, solle besser definéiert ginn, fir datt een se méi genee évaluéiere kinnt. Momentan wier et esou, dass wann ee sech un de Plan d'études géif halen, een net genuch Zäit hätt, fir d'Lëtzebuergesch Sprooch ze enséigner. D'Participantë gesinn dëst als grouse Chantier. Et kéint een och iwwert eng lëtzebuergesch Bildungsprooch nodenken.

Wéi eng konkret Léisungsusätz hunn d'Participantë virgeschloen?



ALPHABETISATIOUN OP FRANSÉISCH AN OP DÄITSCH UBIDDEN

D'Angebot mat deenen dräi Schoulsprooche Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch géif een nach ëmmer gutt fannen, mee vill Kanner kéinten déi zwou Bildungssproochen net gläichermoossen gutt erléieren.

D'Participantë gesinn e puer Méiglechkeeten, fir dës Problematik unzegoen:

- Mir musse Méiglechkeete fannen, fir déi Kanner “opzefänken” an hinnen d'Méiglechkeet ginn, béid Sproochen gutt ze kënnen. Et misst esou sinn, datt fir d'francophone Kanner Däitsch als Friemsprooch ugebuede géif, fir dass se net vun Ufank un Defiziter hunn (natierlech sollt herno op enger 1ère en änlech héijen Niveau an der zweeter Sprooch erreecht ginn, wéi an der éischter Sprooch).
- Et solle separat Bildungswееër fonnt ginn, z.B. kann een sech virstellen, eng germanophone an eng francophone Alphabetisatioun unzebidden. D'Kanner sollen de Choix vun der Alphabétiséierungssprooch kréien. Dës ka weidergefouert ginn an engem komplett germanophonen/francophonen Bildungswее. Ergo sollen och Niewefächer an der 1. Bildungssprooch ugebuede ginn. Dofir muss um nationale System geschafft ginn an eise System soll net zur Kopie vun engem internationale System ginn. Egal wéi misst Lëtzebuergesch um Curriculum stoen (zumindest als Niewefach). Eréischt wann d'Kanner sech an dëser éischter Sprooch eng Basis opgebaut hunn, kéim dann déi zweet Sprooch dobäi. Domat hätt all Kand dann eng dominant Sprooch (déi éischt) an eng Zweetsprooch.

OP DE FRÉIE KONTAKT MAT DE SPROOCHEN AM PRÉCOCE SETZEN

- Am Précoce hëlleft et, wa vill sproochlech a kulturell Diversitéit existéiert.
- De Précoce obligatoresch maache fir méi ee fréie Kontakt mam Lëtzebuergesch.
- Genuch Précoce-Klassen an alle Gemengen ubidden.
- Lëtzebuergesch soll d'Integratiounssprooch an de Foyeren a Crèchen sinn.
- Et sollen am Précoce Projete fir d'Förderung vun der Éischtsprooch stattfannen.
- D'Logopedie soll schon am Précoce präsent sinn.
- Sproochenappui fir Kanner ab dem Précoce: Am Précoce ass oft net genuch Personal a keng Zäit, fir zousätzlech Sproochenaktivitéiten ze maachen.
- D'Kanner sollen am Précoce an hirer Sprooch schwätze kënnen. Do hëlleft et also, wann d'Enseignanten oder d'Éducatrice z.B. och Portugiesesch schwätze kann.
- Am Précoce soll duerch Widderhuelungen a Ritualer d'Lëtzebuergesch gefërdert ginn.

E KOHÄRENT KONZEPT FIR DE SPROOCHEGEBRAUCH AN -ENSEIGNEMENT AN DER SCHOUL FORMULÉIEREN

- Dem Thema Sproochenunterricht méi Visibilitéit verschafen.
- Den Ëmgang mat der Méisproochegkeet vun de Kanner am Unterricht definéieren.
- De Kanner mat hirer Sprooch entgéintkommen an de Lien maache mat hire Familljesproochen.
- Didaktesch Guidelines definéieren am Zesammenhang mam Enseignéiere vun der Méisproochegkeet.
- D’Gewichtung vun de Sproochen nei iwwerdenken: Net all Sprooch soll um selwechten Niveau enseignéiert ginn, mee d’Kand soll de Choix hunn, wéi eng Sprooch méi wichteg fir et soll sinn. Eventuell kéint een sech och no enger bestëmmter Zäit op eng eenzeg Sprooch festleeën, déi weider schrëftlech a mëndlech gefestegt a verbessert gëtt; déi aner Sprooche géifen dann nemmen mëndlech weiderbehandelt ginn.

BEISPILLER VU GUIDELINES FIR D’KONZEPT FIR DEN ENSEIGNEMENT VUN DE SPROOCHEN AN ENGEM MULILINGUALE KONTEXT

Allgemeng Haltung/Attributer vun den Enseignanten

D’CoLab-Participantë ware sech eens, dass eng gewëssen Haltung vum Enseignant der Méisproochegkeet förderlech ass. Esou soll den Enseignant zum Beispill kreativ an oppe si fir d’Méisproochegkeet a fir Translanguaging. E soll Sprooche selwer gären hunn an dëst als Virbild och weisen. Den Emgang mat Feeler soll net defizitorientéiert sinn. Den Enseignant soll den Ënnerschied an d’Roll vum Codemixing a Codeswitching am multisproochlechen Sproochenerwerb kennen.

Methode fir den Enseignement vun de Sproochen

Et soll eng **gemeinsam Sprooch** gefërdert ginn, dëst wier d’Lëtzebuergesch. Dowéinst sollen d’Kanner motivéiert ginn, ënnertenee Lëtzebuergesch ze schwätzen, esou dass si eng gemeinsam Sprooch hunn, déi si all verstinn.

Déi sproochlech Diversitéit soll genotzt ginn, fir aner Kulturen ze integréieren an dëst iwver d’**Valorisatioun vun den Éischtsproochen**. Dëst geschitt haaptsächlech iwver d’**mëndlecht Schaffen**. Sprooche kënnen genotzt ginn, fir aner Sproochen ze léieren. Haaptsächlech am Ufank soll op d’Éischtsprooch vum Kand zeréckgegeraff ginn, fir dass d’Kommunikatioun dem Kand méi licht fällt an et sech wuel fillt. Ab engem gewësse Moment soll dann Lëtzebuergesch mam Kand geschwat ginn, fir dass ee selwer als Virbild funktionéiert an d’Kand méi séier Fortschrëtter mécht. Et soll aktiv **Translanguaging** bedriwwe ginn, d. h. et solle Brécken tëscht de Sprooche geschloe ginn, fir de Schüler Interrelatiounen oder Differenzen vu scho bekannte Sproochen an Zilsproochen daitlech ze maachen. D’Familljesprooche sollen als Basis fir d’Léiere vun de Schoulsproochen/Bildungssproochen déngen. Wann den Enseignant d’Sprooch net kann, kënnen Mediateuren dem Kand dobäi hëllefen d’Regelen an d’Kultur ze léieren, dëst haaptsächlech während dem Accueil.

D’**Sprooch soll als Kommunikatiounsmëttel** genotzt ginn, fir dass d’Léiere vun de Sproochen de Schüler och sënnvoll erschénge.

Den Ëmgang mat der Méisproochegkeet vun de Kanner op Klassen- oder Schoulniveau

- Den Unterrecht esou gestalten, dass jiddereen aktiv matschafft an zu Wuert kënnt.
- Méi individuell op d'Besoine vun de Kanner agoen: Defiziter opfänken, andeems ee Schüler mat spezifische Problemer eenzel hëllt fir ze schaffen.
- De Lien maache mat de Familljesprooch vum der Kanner: Wann d'Familljesprooch gutt setzt, dann ass dat eng gutt Basis fir weider Sproochen ze léieren.
- Valoriséierung vun all de Sproochen vun de Kanner soll gefërdert bzw. bäibehale ginn. D'Familljesprooch sollen zu all Moment an der Schoul eng Platz hunn, net nëmmen am C1.
- De Kanner mat hirer Sprooch entgéintkommen: D'Enseignantë kéinten sech engagéieren, och eng aner Sprooch ze léieren, fir domat de Kanner an der Méisproochegkeet kënnen entgéintze kommen. Och déi Lëtzebuerger Kanner kéinten dovu profitéieren.
- Eng Méiglechkeet, d'Sproochen méi an d'Schoul ze bréngen, ass et, fir am Cours méisproocheg ze schaffen an duerch de Sproocheverglach d'Léiere vun de Sproochen ze vereinfachen.
- Kulturell Projeten an Echangë förderen
- Projets-Wochen ubidden zu de verschiddene Sproochen a Länner, kulturell Aktivitéiten maachen, wou verschidden Nationalitéiten virgestallt ginn.
- En agreabelt Ëmfeld schafen, wou d'Kand sech wuel spiert an dat dem Kand hëlleft, sech weiderzeentwéckelen.
- E positiven Ëmgang mat Feeler kreéieren an net zevill korrigéieren.
- Léiere léieren: Dëst wier vläicht ee Grondsteen, dee misst geluecht ginn, fir weiderzecommen. D'Fro stellt sech, wéi een dat ugoë kéint. Eventuell duerch e strukturellen Usaz ab engem bestëmtenen Alter.
- Abanne vun de sproochleche Ressource vum Kand a Valoriséiere vun den Éischtsproochen
- E roude Fuedem intra- an inter-Cycle kreéieren.
- Appuistonne virun allem an der Sprooch notzen.
- Appui, DLL (Deutsch Lehren Lernen) an Accueil sinn immens wichteg a misste generell a sou fréi wéi méiglech massiv ugebuede ginn.
- Méi flexibel Stonnepläng opsetzen an den Horaire eventuell upassen.
- Biller vu Mäerecher, Vokabelen asw. a verschidde Sproochen ophänken.

Sech Zäit huelen, fir eng Sprooch ze léieren

- Et muss een de Schüler Zäit a Raum ginn, fir eng Sprooch gutt kënnen ze léieren a gläichzäiteg de Kontakt mat anere Sproochen erméiglechen.
- Déi éischt Sprooch vun de Kanner muss gefestegt sinn, éier si eng weider Sprooch solle léieren.
- D'Mëndlecht soll dem Schrëftlechen ëmmer virausgoen.
- Eng Schrëftsprooch soll och als éischt gefestegt sinn, éiert eng zweet Schrëftsprooch dobäi kënnt.

Virbereitung vum Sproochewiessel vum C1 an den C2

- Et ass wichteg, dass eng Sprooch gefestegt ass, éier e Kand am C2 alphabetiséiert gëtt.
- Basissätz ginn opgesot a widderholl.
- E Basiswortschatz an där Sprooch, an där alphabetiséiert gëtt, léieren.
- Kleng Wierder zesumme liesen, Buschtawen erkennen.
- Spilleresch léieren.
- SILA-Programm fir d'phonologesch Bewosstheet ze förderen.
- Auditiv Wahrnehmung soll iwwerpréift ginn.
- Schaffen a Sproochenateliere mat konkretem Material.

Alphabetiséierungsmethod

- Et ass eng Präferenz fir d'Silbenmethod do: Staark Kanner géifen nämlech souwisou mat all Method eens ginn, mee schwach Kanner hätte Schwieregkeeten, fir reng nëmme mam Mila liesen ze léieren.
- Et soll een e roude Fuedem hunn a sech bei engem Kand un eng Method halen.
- **Alphabetiséierungsmethode fir Däitsch oder Franséisch als Friemsprooch** wiere wichteg fir den Accueil vun etleche Primoarrivanten.

D'Motivatioun fir de multisproochleche Sproocherwerb an d'Sproochbenotzung förderen

- D'Schoul soll prioritär Loscht maachen op d'Sproochen.
- Ängschte solle guer net eréischt opgebaut ginn, andeems ee spilleresch un d'Sproochen erugeet.
- Kanner sollen d'Sproochen als eppes Cooles erliewen.
- Sprooche sollen mam Haaptzil enseignéiert ginn, kommunikatiounsfäeg ze sinn.
- De Sënn hannert de Sprooche soll fir d'Kanner däitlech ginn (méi metalinguistesches schaffen).
- Grenziwwerschreidenden Austausch mat Kanner vun hirem Alter erméiglechen, wéi z. B. duerch Bréiffrëndschaften.
- Den Zesammenhang tëscht der Sprooch an der Kultur weisen.
- Ritualer mat Lidder an deene verschiddene Sprooche kreéieren.
- Spilleresch Aktivitéite mat Sprooch erméiglechen, wéi z.B. Rollespiller, Theater, Gesellschaftsspiller, Sproochlabo.
- Liesatelieren ubidden.
- Motivante Exercicer an Ziler festleeën.
- Interessen vun de Kanner matabezéien.
- Kooperativ Aufgabeformater kreéieren.
- Sprooch vum Schwieregkeetsgrad hir upassen.
- Scaffolding, Struktur erschaffen: net alles mateneen (Reegele virun Ausnahmen), z. B. SIMS Approche.
- Linguistesche Ausflich plangen.

- An der Voie de préparation ee Stage bei engem Patron eraussichen, deen eng Sprooch schwätzt, déi d'Schülerin/de Schüler wëll üben.
- An den héije Klassen op d'Konzept „Lernen durch Lehren“ zeréckgräifen.

Bestehend Ressourcen nutzen (Kolleegeen, Material, Mediateuren, Elteren):

- Positive Feedback zum neie Programm/Material “Salut, c'est parti”. Den neien Franséischprogramm ass méi flott, kandgerecht a spilleresch. D'Kanner hunn net méi esou vill Angscht wéi virdrun am Franséischen. Villes, wat ee virun e puer Méint mat de Kanner geléiert huet, bleibt gefestegt.
- Et ass wichteg, vill verschiddent Material ze notzen an net nëmmen d'Schoulbuch.
- Méi op den Asaz vun Dictionnairen (och Online) setzen.
- Billerbicher sinn immens wichteg als Material: grouss Motivatioun bei de Kanner.
- Nei Medien notzen fir ze differenzéieren, wéi z.B. Erklärvideoen iwwert Sofatutor zur Verfügung stellen.
- Erfahrung vun de Kolleegeen notzen.
- Op Mediateure fir d'Elterenaarbecht zeréckgräifen.
- D'Eltere mat abannen: Eltereworkshops zesumme mam Léierpersonal ubidden an en intensiivt Elteregespréich iwwert de Sproochegebrauch féieren.

Zum Sproochegebrauch am Unterrecht

- Och d'Titularen an der Klass misste méi konsequent d'Sprooch vum Fach respektéieren. Nëmmen esou ka séchergestallt ginn, datt d'Kanner genuch mat de jeweilege Sproochen a Kontakt kommen, fir datt déi Sproochen och gutt integréiert kënne ginn.
- Am C1: Am Krees just Lëtzebuergesch, am Fräispill déi eege Sprooch.
- Am C1: Entgéintkomme vum Enseignant zum Kand senger Éischtsprouch am 1. Trimester. Ab dem 2. Trimester ass den Enseignant d'Virbild fir Lëtzebuergesch ze schwätzen a motivéiert d'Kanner am Fräispill, Lëtzebuergesch ze schwätzen.
- Am C2 soll Däitsch d'Unterréchtssprooch sinn, wéinstens an den ënneschte Cyclen, d'Niewefächer sollen dee Moment och op Lëtzebuergesch sinn.
- Am C4: systematesch Uwendung vun enger Sprooch (D oder F) virun allem mëndlech, d'Grammatik sproochulassgebond vermëttelen (kee Lëtzebuergesch benotzen).
- Am Fundamental: 3 Aktivitéite pro Woch op Franséisch. Wann et vill Francophoner gëtt, dann d'Aktivitéit op Däitsch oder Lëtzebuergesch ofhalen.
- Am Lycée: Niewefächer an enger Wielsprooch (Franséisch, Däitsch oder Lëtzebuergesch), Haaptsprouch no Wiel an déi aner Sproochen als Niewefach enseignéieren.
- Am Lycée: Iwwerleeën, op d'Mathé net op Däitsch an op Franséisch misst ugebuede ginn. D'Sprooch soll net en Hindernis sinn fir d'Léiere vu Mathé. Et kann awer zur duebeler Schwieregkeet kommen, wa Mathé an enger Friemsprouch enseignéiert gëtt. An der Europaschoul gëtt lo een neie Wee probéiert, een “Auffangbecken” mat ënnerschiddleche Sectionen (germanophone oder francophone), fir d'Schüler mat de jeweilege sproochleche Schwieregkeeten opzefänken.

Däitsch als Friemsprooch enseignéieren

- Vill Kanner kënnen net déi zwou Bildungssprooche gläichermooße gutt léieren. Mir musse Méiglechkeete fannen, fir déi Kanner “opzefänken” an hinnen d’Méiglechkeet ginn, béid Sproochen gutt ze kënnen. Et kéint een sech eventuell virstellen, fir de francophone Kanner Däitsch als Friemsprooch unzebidden, fir datt se net vun Ufank un Defiziter hunn.

D’Stellung vun der Schrëftsprooch a Schrëftlechkeet par Rapport zur Mëndlechkeet iwwerdenken

- Dat Mëndlecht (compréhension orale an expression orale) misst méi wichteg ginn ewéi et bis elo de Fall war.
- Et wier flott, wann am Lycée déi mëndlech Kompetenz méi géif gefërdert ginn.
- Eng Balance tëschent Mëndlechkeet a Schrëftlechkeet fannen.
- D’Fro klären, ob et wichteg ass, d’Sprooch direkt korrekt schreiwen ze kënnen oder ab wéini verschidde Feeler net méi erlaabt sinn.

Translanguaging, Sprooche vergläichen

- Mat enger gefestegter Éischtsprooch kann ee Sprooche kontrastéiere léieren. Et mécht de Kanner och Spaass, fir grammatesch “Frënn” ze fannen, eng nei Sprooch spilleresch ze léieren, andeems eenzel Wieder an de verschiddene Sproochen verglach ginn.
- Diversitéit vun de Sproochen notzen: Sproochen am Cours vergläichen.
- An der Klass Brécke schloen tëschent de Sproochen, déi geléiert ginn, an der Sprooch, déi doheem geschwat gëtt.
- Lëtzebuergesch ass déi éischt gemeinsam Sprooch. Dës Sprooch kann also gebraucht ginn, fir Brécken ze schloen.

Fächeriwwergräifend Sprooche léieren

- Et muss méi bewosst gemaach ginn, datt Sproochen och an anere Fächer geléiert ginn. Do erginn se oft méi Sënn an d’Kanner hunn en Aha-Erliefnes.
- Iwwergräifend Theemen, wéi zum Beispill d’Zuelen, d’Auer asw. kéinten an zwou Sprooche kombinéiert ginn. D’Kanner kënnen dëst dann am Alldag asetzen.

Primoarrivanten integréieren /Accueil

- Eng kohärent Linn festleeën, mat wéi enger Sprooch am Accueil ugefaang gëtt.
- A méi kleng Gruppe schaffen, well et méi intensiv ass a well ee méi gezielt op Besoine vun de Primoarrivanten agoe kann.
- Classes d’Accueil ausbauen an iwwerall ubidden.
- An de Lyceeën: Kanner, déi doheem e franséische Background hunn, hunn oft net esou vill Problemer an der Schoul. Bei verschiddene Schüler ass de Sprochenniveau immens schwach an esou verlagert déi Problematik sech och an aner Fächer wéinst der Langue véhiculaire. Do misst e Statement gesaat ginn, datt zum Beispill e Schüler soll Zougang zu den Sciencen hunn, ouni dass d’Sprooch zur Barriär gëtt.

E modulare System ubidden

- Eng Iddi wier et, mat méi kleng Klassen ze schaffen fir d’Kanner méi jonk scho besser opzedeele a si a Modular schaffen ze loosse (Sproochen an aner Fächer).
- Verschidde Participantë gesinn d’Schaffen an homogene Gruppen oder Klassen als méiglech Léisung. Eng Iddi war opkomm, fir z.B. all d’Appuisstinnen ze regroupéieren an esou eng extra Klass ze schafen, fir déi Kanner déi extra schwach sinn a Ressourcë brauchen.
- E modulare System géif et, sou d’Participanten, erlaben, de Kanner hir Stärken ze valoriséieren an differenziéiert op hir Besoinen anzegoen, fir dass si sech an hirem eegene Rhythmus kënnen entwécklen. Dofir misst eng dem Niveau ugepasste Bewäertung agesat ginn a méi Flexibilitéit vun der Schoulorganisatioun hier geschafe ginn.

Technologesch Outilen asetzen fir d’Sproochen ze léieren

- D’Lëtzbuergesch-Léieren iwwer eng Internetplattform während deene 2 Méint grouss Vakanz erméiglechen, fir dass net esou vill verluer geet.
- Mat Videoe schaffen, fir dass d’Kanner d’Sprooch vun Éischtsproochler héieren.
- Den Eltere Supporte matginn, fir dass d’Kanner doheem Lidder a Geschichten kënnen lauschteren.
- Differenziéierungsmoosnamen ubidden, déi speziell op d’Sprooch ausgeriicht sinn (Zousatzinformatiounen, Vokabellëscht, Biller, Erklärvideoen a verschidde Sproochen), z.B. fir Schüler, déi Verständnisproblemer hunn.

BEWÄERTUNG AN ORIENTÉIERUNG

D’Bewäertung an d’Orientatioun änneren

D’Participanten erwaarde sech Changementer an der Aart a Weis, wéi tatsächlech evaluéiert gëtt. Et soll net duerch oder mat der Sprooch évaluéiert ginn. D’Fro ass opkomm, wéi een d’Evaluatioun vun de Kanner am Kontext vun der Méisproochegkeet beuecht. D’Bewäertung muss geännert ginn fir de Kanner net aleng duerch d’Sproochen d’Méiglechkeete fir d’Zukunft ze huelen. D’Evaluatioun soll **méi eng holistesche Vue op d’Kand** hunn: et soll net just op d’Sproochekompetenz gekuckt ginn, mee op d’Kand als ganze Mënsch. Dëst soll och bei der Orientatioun consideréiert ginn. Zudeem soll d’Orientéierung transparent gestallt ginn, esou dass d’Elteren sech hiren Entscheedunge bewusst sinn. Et gouf sech och d’Fro gestallt, ob een d’Orientéierung net méi spéit kéint usetzen an den Tronc commun kéint verlängeren.

Am C1 soll den affektiv-emotionalen Impakt vun der Sprooch beim Kand observéiert ginn. Am Alldag stellen d’Enseignantë fest, ob d’Kanner sproochlech prett sinn. Den affektiv-emotionalen Impakt vun der Sprooch ass e wichtegen Indiz, undeem ee feststellt op d’Kanner prett fir den C2 sinn. D’Bilanzäite ginn och genotzt, fir de Point, zesummen mat den Elteren, ze maachen.

Doriwwer eraus gouf nach bemierkt, dass d’Evaluatioun vill Zäit brauch. Et gëtt sech d’Fro gestallt, ob een d’Prüfungen an d’Zensuren net nei denke kéint oder se souguer ofschaffen kéint.

DE PLAN D'ÉTUDES / PROGRAMM IWWERSCHAFFEN

- E roude Fuedem fir de Sproochenenseignement vum Précoce bis den C4 an doriwwer eraus ausschaffen, dee fächeriwwergräifend asetzbär ass. Et sollen och kloer Sproochekompetenze fir den C1 festgeluecht ginn. Dëse Schoulprogramm soll och d'regional Sproochegegebenheete beuechten.
- Éiert een eng Visioun entwéckelt, soll ee genau definéieren, wat d' Kand nom Cycle 4 kënne soll.
- De Plan d'études soll un den aktuellen Zäitgeescht ugepasst ginn.
- De spiraleschen Opbau vum Plan d'études soll bäibehale ginn.
- D'Fro stellt sech, a wéi engem Niveau déi 3 Landessproochen um Enn vum Fundamental solle beherrscht ginn.
- Kondenséiere vum Programm fir d'Fundament ze stäerken: Kondenséierung vum Programm fir eng Grondbasis bei jidderengem ze festegen, déi jidderengem et erméiglecht, am Lycée dorop opzebauen.
- Manner ass méi: Programmer reduzéieren a méi kloer Kompetenzen ugin, déi wichteg sinn. Doduerch schafft ee méi Flexibilitéit am Allgemengen a manner Drock fir de Schüler.
- E Programm fir Däitsch als Friemsprooch ausschaffen.
- De Programm vum Däitsche soll deem vum Franséschen ugeglach ginn, fir d'Praxis vum Translanguaging am Unterrécht ze ënnerstëtzen.
- Den Opbau vum Programm a vum Schoulbuch am Däitschen solle cycleiwwergräifend iwwerschaaft ginn fir méi Continuitéit, souwuel vun der Opmaachung hier wéi och vun der Schwieregkeet.
- D'Erwaardungen an der Sprooch solle fir d'Evaluéierung konkret an detailléiert formuléiert sinn.
- Et soll kloer gemaach ginn, ob d'Sproocheléieren och en Zil ass an anere Fächer, wéi z. B. Sciences oder Mathé oder ob do just d'Fachkompetenz zentral ass.

Doriwwer eraus wënschen d'Participantë sech méi praktesch Beispiller vu mëndlechen a schrëftleche Sproochproduktiounen vun de Kanner, esou wéi Beispiller vun Aktivitéiten fir e gudde Sproochnunterrecht.

Verschiede Participanten hu sech d'Fro gestallt, ob déi international Sproochkompetenzniveauen sech sollen am Plan d'études erëmispigelen. Et kéint een d'Sproochen och am Secondaire Classique op ënnerschiddlechen Niveauen enseignéieren.

ELTERENAARBECHT

Fir dem Problem vun der ongefestegter Éischtsprooch entgéint ze wierken, mussen d'**Elteren méi iwwer d'Wichtigkeet vun der sproochlecher Bildung gewuer ginn**. Nëmme wa si verstinn, firwat hei zu Lëtzebuerg e Kand muss Sproocheléieren, kënne si dem Kand déi richteg Ënnerstëtzung bidden: D'Eltere solle fir d'sproochlech Bildung vun hire Kanner responsabiliséiert ginn. Dëst schléisst d'Wichtigkeet vun der Éischtsprooch mat an. Et misst esouguer schon an de Maternitéiten, bei de Pédagogen, etc. eng Campagne gemaach ginn, fir d'Éischtsprooch ze valoriséieren an ze erklären, wéi wichteg se fir dem Kand seng spéider sproochlech Entwécklung ass. Dëst schléisst mat an, dass **de Bilan 30 misst obligatoresch ginn**, fir den Elteren scho fréi ze vermëttelen, wéi wichteg d'Ent-

wécklung vun der/de Familljesproochen ass fir d'weider Entwécklung vum Kand. Momentan wier et nämlech esou, dass nëmmen 60% vun den Elteren géifen de Bilan 30 maachen an da géifen grad déi Elteren, bei deenen de Besoin awer am gréisste wier, net dohi goen. Doriwwer eraus erméiglecht dësse Bilan, dass d'Eltere konkret gewise kréien, wéi si **altersgerecht mam Kand kommunizéiere kënnen**. D'Eltere solle mat hire Kanner méi Bicher kucken an hinnen doraus virliesen. Wann am Bilan 30 schonn eppes géif an d'Bichelchen dra stoe kommen, da wier scho villes geschitt, éiert d'Kand scolariséiert géif ginn an dann hätt een duerno vill Zäit gespuert.

Fir d'Éischtsprooch vum de Kanner an der Schoul ze valoriséieren, kënnen d'Elteren agebonne ginn, andeems si an d'Schoul ageluete ginn, fir de Kanner Geschichten an hirer Éischtsprooch virzeliesen.

Et solle Gespréicher mat den Elteren iwwer de Sproochgebrauch doheem stattfannen. Eltereworkshops zesumme mam Léierpersonal géifen dozou bäidroen, d'Zesummenarbecht téscht Elteren an Enseignanten ze stäerken. Zil wier et, d'sproochlecht Ëmfeld fir d'Kand den Ëmstänn entspreichend beschtméiglech doheem an an der Schoul ze gestalten. D'Eltere solle kloer iwwer d'Gewiicht vun de Sproochen an der schoulescher Lafbunn opgekläert ginn.

ZESUMMENAARBECHT

Zesummenaarbecht téschent de Servicer verbesseren

Den Dépistage vun der Logopedie ass e wichtege Service a soll bäibehale ginn. Allerdéngs soll den Échange téschent der Logopedie an den Elteren adaptéiert ginn an d'Schoul respektiv den Enseignant soll d'Roll als Intermédiaire fir d'Kommunikatioun kréien. Als Alternativ kéint de Logopäd och direkt an d'Schoul kommen. Dëst géif eng méi kloer an einfach Kommunikatioun mat den Elteren am schoulesche Kontext erméiglechen an d'Elteren administrativ entlaaschten, esou dass si net mat enger hinnen unbekannter Persoun de Kontakt musse sichen.

D'Kanner, déi een CI-Dossier hunn, sollen och kënnen an d'Logopedie goen. Ausserdeem kéint d'Logopedie och nach ee Service ubidden, fir de Stand an der Éischtsprooch vun engem Kand ze ermëttelen, falls d'Éischtsprooch net eng vun den 3 Schoulsproochen ass, fir esou dat sproochlecht Fundament vum Kand kënnen ze evaluéieren.

Et soll méi Reaktivitéit a Flexibilitéit ginn, wann Hëllef bei der CI ugefrot gëtt fir d'Mateneeschaffen ze fërderen an de Schülerinnen a Schüler méi séier a flexibel kënnen ze hëllefen.

MATERIAL

Materiell Ressourcen an Infrastrukturen

- Besseren Accès zu de Medien a méi flexibel Kllassesäll.
- Méi Moyene kréien, fir Material ze kafen, dat fir de Sproochenunterricht geduecht ass.
- Et soll eng Schoulbibliothék an all Schoul ginn, déi Bicher zu all Thema bitt, wat an der Schoul behandelt gëtt. Et sollen och verschidden Niveaue vu Liestexter, Dokumentatiounen etc. ugebuede ginn. Wann e Kand e puer Bicher vun engem Niveau gelies huet, kann et an den Niveau uewendriwwer e Buch siche goen (z.B.: Oxford reading tree). An dëser Bibliothék sollen d'Schüler och d'Méiglechkeet kréien, Bicher an hirer Éischtsprooch auszeléien.

Bestehend Material promovéieren an notzen

- SIMS a SILA méi promovéieren → SILA an DLL (Deutsch Lehren Lernen) a méi Schoulen ubidden a fërderen.
- Méisproocheg Bicher an de Schoulen méi präsent maachen.
- Méisproocheg Billerbicher fannen an d'Benotzen opwäerten.
- Recours op de Kùspertguide fir d'Phonologie⁴.

Méi ugepasstent Material schafen

- Staatlech a finanziell Ënnerstëtzung fir d'Ausschaffe vun adaptiertem Léiermaterial.
- Eenheetlech Symboler vum Précoce un, fir d'Funktioon vun de Wieder am Saz ze verdäitlechen: Subjekt, Prädikat etc. fir all d'Cyklen (Beispill Montessori).
- Eenheetlech Symboler a Pictogrammer schafen, fir d'Kommunikatioun an der Klass ze erliichte- ren fir Kanner, déi d'Langue Véhiculaire net esou gutt beherrschen
- Material ausschaffen, fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch ze ënnerrichten.
- Am Lycée gëtt et op verschidde Klasse keen adaptiert Material, ugepasst un de Programm an Niveau d'exigence (z.B. GIF an der Geschicht).
- Méi Material am Däitsche fir Kanner, déi Däitsch als Friemsprooch léieren (Écouter, Texter adap- tiert un d'Kanner).
- Kohärenz am Material duerch all d'Cyklen (z.B. vum Mila op de Sprachfuchs ass e grouse Sprong.)
- Material, wat dem Alter an dem Niveau vun de Schüler thematesch ugepasst ass.
- Material, wat méi verschidde Niveaue vu Schwieregkeet beinhalt.
- Dëst Material soll méisproocheg Elementer beinhalten, fir de Verglach vu Sproochen ze erméig- lechen.
- D'Material soll no de Prinzipie vun der Content and Language Integrated Learning Approche (CLIL) gestallt sinn.
- Et soll méi Material geschaf ginn, wat op déi mëndlech Sprooch ausgeriicht ass.
- Dëst Material soll kreativ, villsäiteg an uspriechend gestalt sinn.
- D'Däitschbicher de franséische Bicher upassen souwuel visuell, thematesch, wéi strukturell.

PERSONNELL RESSOURCEN

D'Participanten hunn de Wonsch no méi Ressourcen, méi Kompetenz, méi Leidenschaft a méi Ex- pte geäussert, fir e besseren Appui an de Sprochen kennen ze erméiglechen. Zum Beispill am Précoce, wou d'Fundament fir déi sproochlech Entwécklung vum Kand geluecht gëtt, misst méi Personal präsent sinn, fir geziilte Sproochaktivitéiten mat de Kanner ze maachen. Virun allem an

4 Kùspert, Petra (1998): Phonologische Bewusstheit und Schriftspracherwerb. Zu den Effekten vorschulischer Förderung der phonologischen Bewusstheit auf den Erwerb des Lebens- und Rechtschreibens. Aus: Europäische Hochschulschriften, Reihe 6, Psychologie, 604.

de Sprooche wier et fërderlech, fir a méi kleng Gruppe kënnen ze schaffen. Alternativ géifen och méi kleng Klasse begréisst ginn oder méi Personal an enger Klass. Am Allgemenge missten an den ënneschte Klassen, wéi dem C1 an dem C2, d'Ressource verstärkt ginn, z. B. mat 2 Intervenanten pro Klass, déi am Sall sinn, dëst virun allem a Klassen, wou vill Kanner sinn, déi net Lëtzebuergesch als Éischtsprooch hunn. Dofir dierf de Contingent net gekierzt ginn, mee éischer eropgesat ginn. Den Asaz vu Studenten, déi nom Lockdown am Fundamental geziilt mat engem bis zwee Kanner konnte schaffen, hat vill gehollef. Ausserdeem kéint och an der Maison Relais qualifizéiert Personal fir d'Fërdere vu Sproochekompetenzen agestellt ginn. Am Allgemenge soll d'Personal kompetenzorientéiert an de Schoulen agesat ginn. Hei kéinten Teams vun Enseignanten an de Schoulen zesumme gesat ginn, wou jidderee seng Spezialitéit huet. Doduerch soll d'Diversitéit vun den Experten um Terrain séchergestallt ginn. Personal als Ënnertsëtzung fir d'Diagnostik vun Sproocheproblemer an d'Begeleeden vum Sproocherwerb, fir Defiziter vu verschidde Kanner auszegläichen, soll spezifesch agesat ginn.

Ausbildung an Asetze vun den Enseignanten

D'Ausbildung vun den Enseignantë soll hinnen déi verschidden Alfabétiséierungssystemer nobréngen, an d'Sproochendidaktik soll un d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg ugepasst ginn. D'Sproochkompetenze solle beim Zougang an de Beruff, och fir d'Quereinsteiger, besser kontrolléiert ginn. Alternativ, kéint och geziilt francophont an germanophont Personal agestellt ginn.

D'Enseignanten, déi hire Beruff wielen, sollen d'Sprooche gutt kënnen, d'Sproochen am Cours kënnen schwätzen, de Schüler vill Méiglechkeeten bidden, fir d'Sproochen och aktiv ze praktizéieren an d'Schüler duerch interessant Methoden an Inhalter fir Sproochenléiere motivéieren.

Formation continue

D'Enseignantë sollen och dozou motivéiert ginn, sech duerch d'Formation continue nei Methoden unzueeegen. Zum Beispill solle spezifesch Formatiounen doriwwer ugebuede ginn, wéi een d'Méi-sproochegkeet an der Klass positiv kann netzen, dëst mat konkreten an net just theoretischen Usätz. Am Allgemengen goufe méi Formatioune gewënscht, wou et ëm de prakteschen Austausch tëschent den Enseignanten geet (Erfahrungsaustausch). Et soll och ëfters een Echange mat Sproochespezialisten ugebuede ginn, fir op spezifesch Froen vun den Enseignanten anzegoen.

Froen un d'Recherche

- Gëtt de Besoinen a groussen Deeler am Süde vum Land Rechnung gedroen, wat d'Méi-sproochegkeet ubelangt?
- Ginn d'Mathé, d'Sciencen etc. fir d'Sproocheléieren mësbrauch? Wéi kann een dëst verhënnern?
- Ginn duerch déi riseg Diversitéit d'Kanner net méi duerchernee bruecht, wéi datt si e groussen Notzen doraus zéien?
- Stelle mir hei zu Lëtzebuerg net allgemeng ze héich Erwaardungen un déi gesamt Schülerpopulatioun um Niveau vum Sproocheléieren?
- Wéi kann een d'Sprooche besser enseignéieren?

5. Ausbléck a Kontakt

Ausbléck

Am Schouljoer 2022-2023 fannen dräi weider CoLab-Theeme mam versammelte Bildungsberäich statt:

- Évaluéieren am Fundamental (Oktober 2022)
- Méi Transversalitéit am Plan d'études (November 2022)
- Formal an non-formal Bildung (Januar 2023)

Zousätzlech sinn Entrevuen mat weideren Acteure geplangt, entweder a Form vun engem Workshop oder a Form vun engem oppenen Austausch.

Ween u weideren Informatiounen iwwer de Projet interesséiert ass, fënnt dës ënner https://curriculum.lu/PE_index.

Kontakt

Nom Stand vu Januar 2023 kënn Dir onofhängeg vun de CoLab-Workshops ee Sondage iwwer de Plan d'études ausfëllen, dëst ënnert dem Link <https://curriculum.lu/questions-1-3-fev-22>.

Dir hutt Froen oder Ureegungen zum Projet „Plan d'études 2025“ a wëllt mat eis a Kontakt trieden? Da kontaktéiert eis via d'E-Mail-Adress curriculum@script.lu.

Op eisem Internetsite www.curriculum.lu fannt Dir Informatiounen iwwer de Projet 'Plan d'études 2025'.

Merci!

Mir soen all de Participanten an allen interesséierten Acteuren, déi eis bis elo kontaktéiert hunn, villmools Merci fir hiren Asaz! Mir freeën eis op de weideren Austausch mat lech!

Mat beschte Gréiss

D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

www.curriculum.lu



www.script.lu